gestëmmt ginn. Do sollten am Fong geholl theoretesch, den Effectif théorique, deen deemools ausgerechent gi war, dat waren 92 Leit. Zum Schluss sinn awer nëmme 57 Posten zréckbehale ginn, esou dass 57 Leit beim Waasserwirtschaftsamt schaffen.

Et kann een och feststellen, dass zwëschen 2001 an 2003 eelef Leit bäikomm sinn iwwert den Numerus clausus. 2004 an 2005 sinn awer keng Leit bäikomm. Fir dëst Joer hu mer awer elo gefrot - dat ass ëmmer eng Prozedur beim Stat, dass ee freet wéi vill Leit ee brauch an deenen eenzelne Servicer - an do hu mir 20 Leit ugefrot. Da musse mer kucke wat dobäi erauskënnt.

Wat ech feststellen ass, dass am Fong geholl d'Waasserwirtschaftsamt sech konsolidéiert huet. Mir hunn et hei fäerdeg bruecht, d'Kompetenzen ze bündelen ënnert der Direktioun vum Här Paul Hansen, deen elo vum 1. September un an d'Pensioun geet, a vun deem ech muss hei ganz kloer soen, dass deen eng gutt Aarbecht gemaach huet, mat all senge Leit.

En huet et fäerdeg bruecht, déi Zoustännegkeet, déi mer do kritt hunn, richteg ze artikuléieren, an en huet et och fäerdeg bruecht, déi intellektuell technesch Capacitéiten oder den Know-how - loosse mer emol esou soen - esou an d'Weeër ze leeden, dass am Fong geholl eng performant Aarbecht kann an eisem Waasserwirtschaftsamt gemaach ginn.

Sou dass ech, éierlech gesot, fir d'Zukunft awer mengen, wa mer nach e bësse Personal, verschidden Hëllefen do kënne kréien, dass mer do där wichteger Roll, déi mer musse spillen an deem Beräich, an déi mer och wäerte spillen an deem Beräich, kënne gerecht ginn. Wann ech soe wäerte spillen, dann ass et doduerch, well mer jo, wéi all Land an Europa, déi Directive-cadre oder déi Waasserrichtlinn mussen ëmsetzen, an déi hutt Dir jo och als drëtte Punkt an Ärer Fro ugeschwat.

Do kann ech Iech soen, dass mer virum Hierscht wäerten am Regierungsrot domat passéieren. Den État des lieux ass gemaach ginn. Ech hunn e virdrun ugeschwat. An ech hunn Iech och gesot, dass mer eng maximalistesch Ëmsetzung wëlle maachen, besonnesch och wat dee quantitativen Aspekt vun der Direktiv ugeet. Dee qualitativen, deen ass an eisem Land aktuell. Deen aneren, d'Hydrologie an all déi Elementer, déi sollen elo ëmgesat ginn, dat wäert net einfach ginn. Dat sinn och Gesetzgebungen aus de Joren 1929 a 1669, also do kéinte mer och, géif ech mengen, an deenen nächste Jore Kloertext schwätzen an och do eis modern Mëttel ginn, fir där grousser Erausfuerderung vun engem proppere Waasser an engem gudden Assainissement méi gerecht ze ginn.

Voilà, dat war dat, wat ech Iech wollt soen, Här Schank. An dofir soen ech Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat heescht zum Projet de loi 5449 «portant modification de la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain». D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Schank, d'Madame Flesch, d'Madame Mutsch, den Här Gira an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fred Sunnen. Här Sunnen, Dir hutt d'Wuert.

3. 5449 - Projet de loi portant modification:

1. de la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;

2. de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;

3. de la loi du 21 mai 1999 concernant l'aménagement du territoire;

4. de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

M. Fred Sunnen *(CSV), rapporteur.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e bësse méi wéi virun engem Joer hate mer an der Chamber hei iwwert de Projet de loi 4486 iwwert d'Gemengenan d'Stadentwécklung debattéiert. Dësen Text, dee spéiderhin d'Gesetz vum 19. Juli ginn ass, war ee vun deene wichtegsten an der leschter Legislaturperiod.

No laanger Viraarbecht, an d'Betounung läit hei wierklech um Adjektiv laang, well mer eréischt no etlechen Avisën…

(Interruption)

…a Kommissiounssëtzungen de Pak zoumaache konnten, ass en Text adoptéiert ginn,…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Scheuer!

M. Fred Sunnen *(CSV), rapporteur.-* …deen dat veraaltend 1937er Gesetz reforméiert huet, andeems déi urbanistesch Planifikatioun vun eise Gemengen a Stied dem heitege Kontext…

(Interruption)

…vun enger nohalteger Entwécklung an engem modernen Urbanismus ugepasst gouf.

Et geet bei dësem neie Gesetz virun allem drëm, eng rationell an eng nohalteg Flächennotzung an eise Stied a Gemengen ze realiséieren, déi den neie Konzepter, déi sech eis Regierung am Beräich vun der Landesplanung ginn huet, an ech denken hei un den IVL, entsprécht. Dobäi huet d'Gesetz vum 19. Juli 2004 déi eenzel Planifikatiounsdokumenter vereinfacht an harmoniséiert, eng kloer Hierarchie zwëschent dësen Instrumenter etabléiert an d'Prozeduren entschlackt a reforméiert.

Mam virleienden Text ginn eng Rei Problemer aus der Welt geschaf, déi sech virun allem bei der konkreter Applikatioun bei de Gemengen a bei verschidde Beruffssparte gestallt hunn an déi virun allem e Blocage am Bausecteur erbäigefouert hunn. An et huet missen zu verschidde Rektifikatiounen am Gesetz vum 19. Juli 2004 kommen.

Et goung beim virleienden Text deemno drëm, fir eng Situatioun an de Gemengen ze deblockéieren, déi keng Baugenehmegungen op Basis vun den ale PAGe méi konnten ausstellen, well se gefaart hunn, géint d'Gesetz vum 19. Juli ze verstoussen. Des Weidere geet et drëm, fir eng kloer Distinctioun zwëschent dem alen an dem neie PAG ze maachen, respektiv bei hirer jeeweileger Ausféierung.

Domadder gëtt et de Gemengen erëm erméiglecht, fir Baugenehmegungen auszestellen, an dat op Basis vun deene sëlleche PAGen, déi am Land nach en vigueur sinn. Dat heescht och, datt déi verschiddenaarteg Ausféierung un deenen zwou Generatioune vu PAGen, déi allen zwee zwou verschidden Approchen an der Landesplanung an am Urbanismus erëmspigelen, oprechterhale ka ginn.

Op verschidde Schwieregkeete bei der Uwendung vun dësem Gesetzestext vun 2004 hat de Statsrot a sengem Avis vum 3. Mee 2005 schonn higewisen. Ech wëllt duerfir gären e puer Iddien aus dësem Avis zitéieren: «C'est donc à bon escient que le Gouvernement s'est résolu à remettre du moins partiellement sur le métier un texte qui manifestement place les décideurs communaux et les promoteurs immobiliers devant de grandes difficultés pour ce qui est de l'interprétation du régime légal applicable et du maniement des instruments réglementaires que la nouvelle loi met à leur disposition.»

Et bestoung also Handlungsbedarf an dësem Beräich, deen d'Regierung och mat dëser Gesetzesvirlag opgegraff huet. De 25. Februar 2005 huet den Innenminister Jean-Marie Halsdorf dësen Text an der Chamber deponéiert. Den 1. Mäerz 2005 ass den Text an de Statsrot geschéckt ginn, deen den éischten Avis den 3. Mee ofginn huet. De 26. Mee ass de Statsrot op en Neits mat enger Serie Amendementer befaasst ginn, déi an der Kommissiounssëtzung vum 24. Mee adoptéiert goufen.

Den Avis complémentaire vum Statsrot ass de 14. Juni agaangen. An der Sitzung vum 17. Juni 2005 huet déi parlamentaresch Innenkommissioun mech als Rapporteur bestëmmt. Den Text, wéi och déi respektiv Avisë goufen an enger Partie Réuniounen op Häerz an Niere gepréift, wat schlussendlech den 22. Juni 2005 zur Adoptioun vum schréftleche Rapport an zu dësem Text gefouert huet.

Här President, d'Schlëssele-lementer vun dësem Text loosse sech an dräi Kategorien andeelen:

Éischtens, et goung drëm fir d'Incompatibilitéit zwëschent dem PAG aus deem ale Regime an der Uwendung vun den neien Dispositiounen iwwert d'PAPen an d'Baugenehmegungen opzehiewen, andeems eng weider Iwwergangsbestëmmung an d'Gesetz agebaut gëtt, déi et de Gemengen elo erlaabt, fir hir al PAGen no den Dispositiounen, wéi se am Plang an am jeeweilege Bautereglement ageschriwwe sinn, ze exekutéieren. Dës Moossname betreffe virun allem d'Artikele 26 a 27, dat heescht déi gesetzlech Dispositiounen, déi d'Ausschaffe vun engem PAP, mat verschidden Ausnahmen, virgesinn.

Déi PAGen, déi am ale Regime entworf goufen, sinn am Kontext vun der neier Gesetzgebung um grapheschen an um technesche Plang net méi zäitgeméiss. Méi genee heescht dat, datt déi al PAGe ganz prezis Virschréften ze respektéieren haten, wat dem Buergermeeschter d'Méiglechkeet ginn huet, fir Baugenehmegungen auszestellen ouni missen op e PAP zréckzegräifen.

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Très bien!

M. Fred Sunnen *(CSV), rapporteur.-* Am Gesetz vum 19. Juli ass de PAP awer als Prinzip festgehale ginn, wat sech deemno schlecht mat der viregter Praxis op een Nenner brénge léisst.

Aus dësem Grond huet missen eng Iwwergangsléisung fonnt ginn, déi sech um Gesetz vun 1937 inspiréiert. Datselwecht gëllt och fir d'Bautereglementer. D'Gemenge sinn opgeruff, bis den 8. August 2010, also a fënnef Joer, hir PAGen ze iwwerschaffen. D'Iwwergangsbestëmmunge falen ewech, wann déi jeeweileg Gemengen hir PAGe reforméiert hunn an hire legalen Obligatiounen nokomm sinn. Déi Iwwergangsbestëmmunge sinn am Artikel 108bis an 108ter formuléiert ginn.

Duerch den 108bis hunn d'Auteure versicht d'Méiglechkeet ze schafen, fir déi al Generatioun vu PAGen no den ale Modalitéiten ofzeänneren, ouni datt sech dës Modifikatiounen op d'Gesetz vum 19. Juli bezéie mussen. Fir ze verhënneren, dass déi PAGen nom allgemenge Gutdünken während der Iwwergangsphas, wou d'Gemengen hir PAGe mat der neier Legislatur konform setze kënnen, ofgeännert ginn, gouf initialement festgehalen, datt dës Modifikatiounen nëmmen am sou genannten Intérêt général gemaach dierfte ginn. Am Kader vum Gesetz vun 1937 war et ëmmer Usus gewiescht, fir d'PAGen iwwert de Wee vun engem PAP ofzeänneren. Aus dëser Ursaach eraus hunn d'Auteure vum virleienden Text versicht eng Dispositioun an d'Gesetz anzefügen, dat heescht de Paragraph 3 vum Artikel 108bis, dee virgesäit, datt och dës Modifikatioune sech nëmme maache loossen, wa se dem Intérêt général entspriechen.

Dës Approche, Dir Dammen an Dir Hären, konnt de Statrot net deelen an en huet sech duerfir formell opposéiert, andeems e virun allem de Respekt an der Hierarchie vun de legalen Instrumenter am Beräich vum Aménagement communal ugemahnt huet. Wann d'Auteure vun dëser Dispositioun, an dat war an dësem Fall déi parlamentaresch Kommissioun vum Intérieur, gemengt hunn d'Flexibilitéit um Niveau vun de PAGen an de kommunale Bautereglementer, sou wéi se am Kader vum 1937er Gesetz ausgeschafft goufen, nëmme kënnen ze garantéieren, andeems d'Méiglechkeet an d'Liewe geruff gëtt, fir se punktuell ofzeänneren, ier se definitiv no den Normen aus dem neie Gesetz iwwerschafft ginn, da kann dës Ofännerung nëmmen toleréiert ginn, wa se sech un deene Modalitéiten orientéiert, déi bei der initialer Mise en vigueur gegollen hunn.

D'Optioun, fir d'PAGen iwwert de Wee vu Modifikatiounen un de PAPen ofzeänneren, ass ze vermeiden, well se, laut Statsrot, nei Rechtsonsécherheeten zur Folleg hätt. D'Kommissioun huet sech dëser Interpretatioun ugeschloss an deemno dës Dispositiounen aus dem Text erausgeholl.

Den Artikel 108ter beseet u sech, datt wann d'PAGen net reforméiert ginn, esou wéi et am éischte Paragraph vum Artikel 108 virgesinn ass, datt dann de Buergermeeschter eng Baugenehmegung ausstelle kann, fir Bau-, Rénovations- an Transformatiounsaarbechten, déi konform zum PAG, zum PAP oder zum Projet de PAP, déi en cours d'approbation sinn, an dat am Moment vum A-Kraaft-Triede vum virleiende Gesetz.

Dës Formulatioun ass absichtlech esou explizit formuléiert ginn, fir d'Opportunitéit an d'Nécessitéit ze ënnersträichen, fir weiderhi Baugenehmegungen op Basis vun ale PAGen auszestellen, wann de Projet konform zu dësem PAG ass. Dat waren d'Ausféierungen zu den Iwwergangsbestëmmungen, wou ech hoffen, datt se explizit genuch waren.

Den zweete wichtege Punkt an dëser Virlag ass d'Ofschafe vun der Expertëlëscht fir d'Ausschaffe vun engem PAP. All Geometer, all Ingenieur oder Architekt kann elo e PAP ausschaffen, ouni datt eng speziell Qualifikatioun duerfir noutwendeg ass. D'Lëscht vun de Spezialiste fir d'PAGe bleift awer bestoen, wat der Philosophie vun engem modernen an nohaltegen Urbanismus, sou wéi si am Gesetz vum 19. Juli 2004 ugeduecht ass, weiderhin entsprécht.

Drëttens gëtt dovunner profitéiert, fir eng Partie weider Modifikatioune redaktioneller Natur am Text vum Gesetz vum 19. Juli 2004 unzebréngen.

(Hilarité)

Op déi wëll ech net am Detail zréckkommen, well se explizit an den Documents parlementaires zu dëser Gesetzesvirlag beschriwwen an erkläert sinn.

Op alle Fall si meng Fraktioun an ech frou, datt mer zu engem dach glécklechen Ofschloss vun dëser dach munchmol onnéideger polemescher Debatt kommen. Ech denken, datt déi Léisung, déi mer mat dësem Text erbäiféieren, eng viabel Léisung ass, déi d'Aarbechten an de Gemengen a bei de betraffene Corps-de-métieren erëm ukuerbelt.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Sunnen. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den honorablen Här Marco Schank. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur, dem Fred Sunnen, fir säin excellente schréftlechen a mëndleche Rapport.

Ech wollt domat ufänken drun ze erënneren, datt mer d'lescht Joer eng Reform vun dem sou genannten 1937er Gesetz gemaach hunn, d'Gesetz vum 19. Juli 2004. An ech wëll och drun erënneren, datt déi Reform sech deemools opgedrängt huet, ënner anerem well mer haut eng integréiert Virgehensweis am Urbanissem brauchen. Mir hunn ee Gesetz gebraucht, dat nei Funktiounen a Missioune matenee verbënnt. An doriwwer eraus ass och de Gedanken, dat war och e ganz wichtegen Objektiv, vun der nohalteger Entwécklung an dat Gesetz vun 2004 agefloss.

D'Entwécklung vun eise Gemengen a vun eise Stied muss sech haut verännerte Rahmebedingungen upassen, an eben och engem modernen Urbanissem. Dozou gehéiere souwuel déi ekonomesch, déi sozial, déi kulturell Funktioune vun enger Stad oder Gemeng, wéi och déi ëmwelttechnesch Aufgaben, déi sech eng modern Gemeng haut muss zu Eege maachen.

Wunnen a Verkéier beispillsweis sinn haut enorm wichteg Beräicher, op déi eis Gemengeverantwortlech eng ganz grouss Emprise hunn.

Dat neit Gesetz vun 2004 harmoniséiert - de Rapporteur huet och nach eng Kéier dorun erënnert - déi verschidde Planungsdokumenter. Dobäi kënnt, datt d'Gemengeverantwortlech hir PAGen all Joer mussen iwwerschaffen, fir ebe gegebenenfalls déi PAGen neien Entwécklungen unzepassen. Wichteg ass zum Beispill dee Moyen vun der préalabler Etüd am neie Gesetz, well déi ënner anerem analyséiere muss, ob sech de PAG an déi generell Politik vum Aménagement du territoire apasst. Oder och, datt all PAG, dee kuerz virun der Adoptioun steet, muss begleet gi vun engem sou genannte Rapport de présentation, deen all Verännerunge vum PAG genaustens dokumentéiert an eventuell neien Handlungsbedarf dann opzeechent.

An dann etabléiert dat neit Gesetz vun 2004 och eng logesch, eng kloer Hierarchie zwëschent deenen eenzelne Planungsinstrumenter op kommunalem Niveau; och dat ass scho gesot ginn.

An da loosst mech nach ee Punkt soen: Mir hu mat deem neie Gesetz nei Moyenë kritt, nei Instrumenter kritt, fir d'Ëmsetzung vum PAG. Ech erënneren zum Beispill un d'Zones de développement, d'Zones à structurer, déi virun allem als Intérêt général kënnen definéiert ginn. Mir hunn ee Moyen nei formuléiert, deen et virdru scho ginn ass, dat ass de Remembrement urbain. Haut gëtt et de Remembrement conventionnel, de Remembrement

légal, mat enger Rei neie Moyenen. Da gëtt et d'Rectification des limites de fonds, et gëtt d'Réserves foncières; alles Instrumenter, déi mer duerch dat neit Gesetz kruten.

Ech wollt einfach nach eng Kéier un déi wichteg Objektiver vun deemools erënneren, well déi lescht Méint ganz vill iwwer scheinbar oder tatsächlech Problemer geschwat ginn ass bei der Ëmsetzung. Mä déi Saachen, déi gutt sinn um Gesetz, déi d'Philosophie ausmaachen, déi wollt ech kuerz nach eng Kéier hei an Erënnerung ruffen.

Här President, am Résumé: D'Gesetz vun 2004 ass een innovatiivt Gesetz, well et den Acteure vill nei Méiglechkeete gëtt, zukunftsorientéierten Urbanismus ze maachen. Et ass awer och ee komplext an domat ee komplizéiert Gesetz, well et eben eng komplex Matière ass.

Op jiddfer Fall ass et esou, datt d'Philosophie vum Gesetz vun 2004 stëmmt. Dat gouf unisono elo vun alle Chamberfraktioune confirméiert.

Derbäi kënnt, a mengen Aen, datt d'Gesetz vum 19. Juli 2004 dringend noutwendeg war - ech hu probéiert dat schonn ze soen -, fir déi éischter planlos Entwécklung a groussen Deeler vum Land an de Grëff ze kréien.

An net alles un deem neie Gesetz ass richteg verstane ginn an ech hat och d'Impressioun, wéi wa vill Leit, déi driwwer geschwat oder driwwer geschriwwen hunn, et och net richteg gelies, respektiv iwwerhaapt net gelies haten.

Et ass an deene leschte Méint vill Veronsécherung ze spiere gewiescht an dat ass schued. An et huet souguer op eemol geheescht, et gëtt net méi gebaut. Ech wëll och soen, datt souguer polemesch vu verschidden Deeler aus dem Bausecteur argumentéiert gouf.

An trotzdeem - den Här Innenminister wäert herno dorop ze schwätze kommen, dovunner ginn ech aus -, wann een deenen Zuele ka gleewen, déi bei deem Sondage erauskomm sinn, dann ass kaum oder iwwerhaapt keen Abroch an de Baugenehmegunge gewiescht.

Ech selwer hu bei mir an der Gemeng ganz normal Baugenehmegunge fir Eenzelobjeten erausginn, sou wéi ëmmer, sou wéi d'Gesetz et och virgesäit, souwäit d'Pläng eben eisem PAG entsprach hunn. An an deenen anere Fäll ass genee wéi bis elo och e PAP verlaangt a gemaach ginn, a bis elo gouf et och do keng Reklamatiounen. Gutt, ech ginn awer gären zou, datt et um ländleche Raum net ëmmer grad sou komplizéiert ass wéi an de Stied, virun allem um Niveau vun der Stad Lëtzebuerg.

Ech ginn d'Gefill och net lass, datt eng Rei vu Problemer mat deem neie Gesetz vun dohier koumen, datt dat aalt 1937er virdrun net ëmmer korrekt ugewant gouf, vläicht och well et manner prezis war wéi dat neit elo.

Här President, de Projet de loi 5449, deen eis haut zur Ofstëmmung virläit, steet an der Logik ganz däitlech vun der Transitioun, vun der Transitioun vun deem alen 1937er op dat neit Gesetz, wat mir d'lescht Joer hei gestëmmt hunn.

De Rapporteur huet déi wesentlech Verännerunge vum Gesetz erausgeschielt, an domat brauch ech dat och net ze widderhuelen. Virun allem si wéi gesot nei Iwwergangsbestëmmunge gemaach - oder besser gesot - d'Iwwergangsbestëmmungen nei definéiert ginn.

Zum Beispill hunn d'Auteure versicht am Artikel 108bis d'Viraussetzungen ze schafen, fir déi al Generatioun vu PAGen no deene fréiere Modalitéiten ofzeänneren, dat heescht d'Artikele 26, 27, 105 an 106 net applicabel sinn, bis dee Moment wou e PAG neier Prägung virläit, entspriechend dem Artikel 108.

Urspréngléch war am Text virgesinn, datt d'Modifikatiounen nëmme kéinten am Fall vun engem Intérêt général gemaach ginn, y compris de caractère économique, social et écologique. Dat ass schlussendlech fale gelooss ginn, aus Angscht viru juristeschen Zweedeitegkeeten, déi virun allem de Statsrot opgeworf huet. De Statsrot huet ënner anerem d'Fro gestallt, wien ausserhalb vun de Geriichter a leschter Analys kompetent wier, fir ze soen, wat d'intérêt général ass a wat net.

An der Kommissioun ass, ënner anerem, als Konklusioun gemengt ginn, datt souwisou bei all Modifikatioun vum PAG d'Artikelen 10 bis 18 jo spille mat deem entspriechende Règlement grand-ducal, a vun dohier géif den Intérêt général souwisou da gekuckt ginn.

Am Artikel 108ter gëtt dann eppes ganz däitlech gemaach, wat menger Meenung no zwar souwisou am Artikel 37 vum Gesetz vun 2004 däitlech stoung, nämlech datt de Buergermeeschter oder d'Buergermeeschtesch eng Baugenehmegung ka ginn, wann déi entspriechend Aarbechte konform zum PAG respektiv dem PAP, déi en vigueur sinn, sinn.

De Rapporteur huet déi wichtegst Ännerunge gesot. D'Philosophie vum Gesetz 2004 bleift, wat se ass. Ech erënneren och drun, datt d'Gemengen insgesamt méi Responsabilitéit kréie fir déi kommunal Bebauung. Eenzel Artikele vun deem neie Gesetz, zum Beispill deen ëmstriddenen Artikel 27, ginn an der Iwwergangsphas net ugewant.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

D'Ausaarbechtunge vu PAGe sinn am 2004er Gesetz Experten iwwerlooss. Datselwecht gëllt de Moment nach fir d'PAPen. Fir d'PAGe bleift alles beim Alen. Dëse Projet gesäit awer vir, d'Lëscht vun Experten, fir d'PAPen auszeschaffen, ofzeschafen. Jiddferee respektiv jiddfer Büro, deen am Beräich vum Architekt, Ingenieur a Geometer schafft, kann elo deemnächst, wa mir dat Gesetz stëmmen, e PAP maachen.

Perséinlech hätt ech mir eng Iwwergangsléisung gewënscht, zum Beispill d'Suspensioun vun der Lëscht, bis eng Gemeng e PAG neier Prägung huet. Dat wier a mengen Aen eng gutt Léisung gewiescht! D'Kommissioun huet sech do aneschters décidéiert. Ech wëll awer dobäi soen, datt d'Büroen dobausse sech ganz séier beweegt hate fir entspriechend forméiert an experimentéiert Leit ze verflichten.

Här President, e komplext Gesetz wéi dëst, dat muss regelméisseg ergänzt ginn. Nei Uerteeler wäerten et och weider ausleeën an ergänzen. Och beim Virgängergesetz gouf et ganz vill Prozesser. An Däitschland gouf d'Flächennotzungsgesetz ëm 1970 erneiert, an et ass bis elo zirka 40-mol ëmgeännert ginn. Nei Problemer si selbstverständlech net auszeschléissen. Wéi gesot, dëst Gesetz ass ee komplext, an et geet ëm ganz vill Suen. An dofir wäerten no an no och weider Uerteeler vum Verwaltungsgeriicht kommen a wuel och nëtzlech sinn.

Dee virleiende Projet de loi schalt d'Interpretatiounsproblemer aus, souwäit wéi si elo siichtbar sinn. Ech hoffen och, datt mir mat dësem Gesetz déi Veronsécherungen an de Gemengen an am Secteur vun deenen, déi ech virdrun ugeschwat hunn, ausgeschalt kréien.

De Gemengeresponsabele wëll ech nach soen, datt et absolut sënnvoll an noutwendeg ass, méiglechst séier e PAG neier Prägung ausschaffen ze loossen; eréischt dann entfaalt d'Gesetz vun 2004 säi ganzen Innovatiounsimpakt.

Zum Schluss wollt ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn. Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Schank. Nächst Riednerin ass d'Madame Colette Flesch. Dir hutt d'Wuert, Madame Flesch.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Merci, Här President. Här President, léif Kolleegen, mam Gesetz vum 19. Juli 2004, dat d'DP matgestëmmt huet, ass d'1937er Gesetz iwwert den Aménagement communal wäit gehend reforméiert ginn, an un déi heiteg Gegebenheeten adaptéiert ginn. D'Zil vun deem Gesetz, dat den deemolegen Innenminister Michel Wolter ausgeschafft huet, war notamment méi Harmonie an den Aménagement vun onse Gemengen an an ons Gemengen ze brëngen, een Aménagement, deen der nohalteger Entwécklung méi gerecht soll ginn.

D'DP huet deemools déi Opfaassung gedeelt, an deelt se haut wéi deemools, a kann op deem Punkt an an där Approche dem fréieren Innenminister Recht ginn. Den Här Schank huet elo just dorun erënnert, dass mir an der Kommissioun, och wann d'Diskussiounen heiansdo e bëssen hefteg waren, ons awer alleguerten an deem Punkt eens waren.

Mä, dëst Gesetz, grad eréi all Gesetzer, besteet fir d'éischt um Pabeier, a wann een et dann uwent, da gesäit een - Gott sei Dank net oft, mä leider heiansdo -, dass et bei der praktescher Uwendung Schwieregkeete gëtt, an et ass am Fong net verwonnerlech, dass dat just bei dësem Gesetz de Fall war, well eng Transitioun huet mussen organiséiert ginn, an och well et ee Gesetz ass, wat vu senger Natur hier eng ganz komplizéiert Matière ass.

Ech däerf vläicht dorun erënneren, dass d'Gesetz vun 1937, wat bis d'lescht Joer gegollt huet, während 30 Joer eigentlech net ugewant ginn ass. Déi éischt Uwendung vun deem Gesetz war de Vago-Plang an der Stad Lëtzebuerg 1967. Virdru si wuel Perimetere gezu ginn an de Gemengen, mä een echte Bebauungsplang ass et net ginn. Also, ech mengen, dat beweist zur Genüge, dass dat eng Matière ass, wou d'Gemenge sech taaschtend musse weiderbewegen.

D'Philosophie vun deem Gesetzestext kann nach esou luewenswäert sinn; et kënnen ëmmer erëm also Schwieregkeete bei senger praktescher Uwendung optrieden, wéi gesot besonnesch an sou engem schwieregen Domän wéi dem Aménagement communal. Dat war bei dësem Gesetz de Fall, a vu dass d'Gesetzer alleguerte jo net an de Marber gravéiert sinn, kann ee jo dann nobesseren, wann et muss sinn, do, wou d'Praxis weist, dass ee Problem besteet.

Dës Nobesserung kann um Niveau vun der Regierung gemaach ginn duerch e Projet de loi oder um Niveau vun der Chamber duerch eng Proposition de loi. Dat ass och hei geschitt. Et ass souwuel e Projet vun der Regierung komm wéi och déi eng oder déi aner Proposition de loi vun Deputéierten. A ganz besonnesch wat d'Problematik vun engem prinzipiellen Erstelle vun engem PAP fir quasi all Construction immobilière ugeet, konnten duerch eng gutt Zesummenaarbecht tëscht Innenministère an zoustänneger Chamberskommissioun hei Problemer geléist ginn an ass finalement eng Léisung fonnt ginn. Iwwert d'Resultat vun deenen Aarbechten, zu deene jo och de Statsrot säin Deel bäigedroen huet, an deen Deel ass net négligeabel, iwwert dat Resultat vun deenen Aarbechte stëmme mir haut of.

Ech wëll hei dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport. Et war sécherlech keng einfach Tâche, vu d'Meenungsverschiddenheeten, vu d'Schwieregkeete vun der Matière, vu och dat politescht Ëmfeld, an deem sech dës Diskussioun ofgespillt huet.

Ech wëll also dem Rapporteur Merci soen, an ech wëll ganz besonnesch dem Innenminister félicitéiere fir seng Asiicht an dësem Dossier. Et muss een him Merci soe fir säin Asaz, seng Gedold a seng Persévérance.

Wéi gesot ware mir a si mir averstan mat der Grondphilosophie vum fréieren Innenminister sengem Text. Nach muss een déi an der Praxis opgetauchte Problemer, déi reell sinn an net vun iergendengem aus der Loft gegraff goufen, gesinn. Et däerf een net laachen an de Kapp rëselen iwwert déi Leit, déi um Terrain mat Problemer konfrontéiert sinn, an dësem Fall Gemengen, Baufirmen, Privatleit, an et muss ee versichen, Léisunge fir déi Problemer ze fannen. Dat huet meng Partei, a Gott sei Dank dat hunn och déi aner Parteie gemaach, an dat mécht och elo d'Chamber.

Perséinlech muss ech soen hätt ech bei dësem Projet eng Preferenz gehat fir dem Statsrot seng allgemeng Approche, déi doranner besteet, sech op déi onbedéngt noutwendeg Ännerungen ze limitéieren, déi e reibungslose juristeschen Iwwergang tëschent dem Regime vum 1937er Gesetz an deem vum Gesetz vum Juli 2004 erméiglecht hätten. Bei esou enger limitéierter Approche wär d'Nécessitéit vun enger méi déif gräifender, besser duerchduechter - well ee méi Zäit huet - Reform méi evident bliwwen.

Mä mir hunn ons dem Text, deen hei presentéiert ass, ralliéiert, an ech wëll confirméieren, dass mer deen Text wäerte stëmmen. Ech verstinn och dem Auteur vun dësem Projet de loi an der Majoritéit an der Chamberkommissioun hir Approche, fir also eng aner Solutioun ze huele wéi déi, déi de Statsrot préconiséiert huet, och wéi gesot wann ech se selwer net deelen. Ech soen nach eng Kéier, mir hunn ons där Approche do schliesslech, à notre corps défendant géing ech soen, ralliéiert, a mir bleiwen och bei deem Ralliement.

An dësem Fall hu misse Léisunge fonnt ginn, fir eng Situatioun ze deblockéieren, déi et am Moment nach net ass, an zwar déi vun de Baugenehmegungen, an dat géing ech mengem honorabele Kolleeg Gira wëlle soen: Net nëmmen an der Stad Lëtzebuerg.

Ech sinn och dem Här Schank dankbar, dass hien dorop higewisen huet, dass Problemer, déi sech bei de Baugenehmegungen am ländleche Raum stellen, e bëssen anescht si wéi déi, déi sech op engem urbanen, an engem städteschen Territoire stellen, an et ass och vläicht keen Zoufall, dass d'Stad Lëtzebuerg déi éischt Gemeng war, déi mat Problemer an deem Beräich konfrontéiert war. Déi éischt, mä net déi eenzeg.

De Blocage ass entstan wéinst Incompatibilitéiten tëschent dem neien 2004er Gesetz an den Aménagementspläng, déi nach ënnert dem 1937er Gesetz approuvéiert oder lancéiert goufen. Leidtragend vun dëser Situatioun waren a sinn d'Gemengen, d'Baubranche, d'Privatpersounen, déi baue wëllen, an déi, déi eng Wunneng wëlle fannen. Leidtragend ass och ons Ekonomie, an déi Situatioun géif sech nach zouspëtzen, géinge mer nach méi laang waarden. Ronn 15.000 Aarbechtsplaze sinn am Bausecteur betraff, an esou hunn d'Fédération des Artisans an déi ganz Baubranche sech an der Lescht berechtegt Suerge gemaach.

Ech erënneren un d'Ordonnance vum President vum Tribunal administratif vum 7. Dezember 2004 bei enger Baugenehmegung, déi d'Stad Lëtzebuerg erausginn hat. Et ass wéi gesot net dat eenzegt Uerteel, wat an deem Domän a leschter Zäit gesprach ginn ass, mä et ass deemools, dass d'Diskussioun wierklech ugaangen ass, an haut gi mir se mat onsem Vote dann deblockéieren.

Kucke mer emol wat déi positiv Punkte sinn, déi de Projet de loi, dee mer haut stëmmen, brëngt. Et ass sécher luewenswäert, dass kloer a prezis Bestëmmungen agefouert ginn, déi eng Transitioun tëscht de Gesetzer vun 1937 an 2004 erméiglechen. Positiv ass, dass d'Obligatioun, e PAP fir all Bauprojet opzestellen, en suspens gehale gëtt, doduerch dass d'PAGen ancien régime bäibehale kënne ginn, an dass d'Artikele 26 a 27 net méi mussen applizéiert ginn. Ech maachen hei Referenz un den Artikel 108bis.

Déi zwee Artikele 26 a 27 hu jo eng Obligatioun virgesinn, e PAP mat sengen Ausnahmen opzestellen, an dat well d'PAG ancien régime mat hirer Partie graphique an écrite nëmmen deelweis den Exigencë vum neie Gesetz géife gerecht ginn. Ze begréissen ass och d'Ofschafe vun der Lëscht mat deene Leit, déi e PAP dierfen opstellen, also d'Erweiderung vun der Zuel vun de Leit, déi däerfen e PAP opstellen, an dass an Zukunft all Member vum OAI a vum Ordre des Géomètres e PAP duerf opstellen, Artikel 1 Paragraph 3. Dat gëllt och fir déi Leit, déi e Rapport justificatif a Plan-directeuren dierfen opstellen, Artikel 1 (4).

Wat den Artikel 108 betrëfft, sou ass et sécherlech e Virdeel, dass d'Délaien, fir en neie PAG an en neit Bauteregleement opzestellen, harmoniséiert goufen, Paragraph 1 an 3 vun deem Artikel. Et ass wichteg, dass eng punktuell Ëmännerung vun engem PAG ancien régime ka gemaach ginn, dat ass den Artikel 108bis (1).

Onser Meenung no ass et och wichteg, wéi de Conseil d'État et proposéiert huet - an de Rapporteur huet dorun erënnert -, dass aus juristesche Sécherheetsgrënn d'Aschränkunge fir d'Ursaachen d'intérêt général, sief et vum ekonomeschen, ekologeschen a soziale Charakter, ofgeschaf goufen, well do wär effektiv eng juristesch Onsécherheet entstan. Déi kann domadder dann eben net méi virkommen.

Kloerheet konnt geschafe ginn iwwert d'Marche à suivre am Fall wou d'Ofgrenzung vun enger Gréngzon virgeholl gëtt, an dat ass dann an Zukunft d'Missioun vum Innenminister. Dat zu de positive Punkten.

Et bleiwen trotzdeem am Gesetz vum 19. Juli 2004 nach Bestëmmungen, déi Problemer opwerfen oder nach net prezis genuch sinn. Sou ass et ze bedaueren, dass d'Lëscht vun deene Leit, déi eleng däerfen e PAG opstellen, bäibehale gouf. Mir hätten do léiwer gesinn, dass een do méi wäit gesinn hätt.

Ech géing gäre vum Innenminister wëssen, ob hie mir hei expressément dat ka bestätegen, wat en ons an der Kommissioun gesot huet, dat heescht, dass d'Lëscht mat deene qualifizéierte Leit gemäss Artikel 7 (2) vum Gesetz vum 19. Juli 2004 eng oppe Lëscht ass. Eng Lëscht, déi also opbleift, an op déi zu all Moment iwwer en Arrêté ministériel nei Leit kënnen derbäigesat ginn. An ech wär natierlech och frou, wann hien ons kéint soen, ob en effektiv wëlles huet, déi Lëscht an Zukunft ze erweideren.

Eng Circulaire ministérielle ass publizéiert ginn, déi soll Kloerheet iwwert den Artikel 34 brëngen. Déi Circulaire ass do, an ech mengen dat ass och gutt. Mir schéngt et awer, dass esou eng Circulaire net déi néideg zolidd Base juridique gëtt, fir dass effektiv d'Interpretatioun déi ass, déi de Minister a senger Circulaire ministérielle ginn huet. Mir hätten et léiwer gesinn, wann den Artikel 34 am Sënn vum Minister senger Circulaire modifizéiert gi wär. Dann hätte mer eng

ganz zolidd Base juridique gehat, déi net hätt kënnen a Fro gestallt ginn.

Et hätt een och misse kloer preziséieren, dass punktuell Modifikatioune vu bestehende PAGe gemäss de bestehende Légendes vun deene PAGe gemaach ginn, an dass d'Applikatioun vun deem betreffende Règlement grand-ducal vum 25. Oktober 2004 verluecht gëtt bis zu deem Zäitpunkt, wou déi nei PAGen op Basis vum 2004er Gesetz a Kraaft trieden.

Et hätt och misse kloer preziséiert ginn, dass punktuell Modifikatioune vu bestehende PAGe kéinten op déi gewinnten Aart a Weis gemaach ginn, dat heescht vun de Services techniques vun de Gemengen a vun deene Leit, déi PAPen opstellen. En Zréckgräifen op qualifizéiert Leit, déi sech op der PAG-Lëscht befannen, schéngt an deene Fäll eng iwwerdriwwe Précautioun. Et wär och nëtzlech gewiescht ze preziséieren, datt Études préparatoires a Rapports justificatifs net néideg wäre fir punktuell Modifikatioune vu bestehende PAGen.

Dat sinn also déi Punkten, wou onser Meenung no nach Handlungsbedarf an der Zukunft läit, mä ech sinn och iwwerzeegt, dass d'Realitéit um Terrain ons deen Handlungsbedarf wäert méi no bréngen. Quoi qu'il en soit si mer der Meenung, dass dee Projet, deen elo virun ons läit, e groussen Deel vun deene Problemer, déi mer säit Juli 2004 kennen, aus der Welt schaaft, an dofir begréisse mer expressément deen neie Projet de loi.

Leider war en A-Kraaft-Triede vun dësem Text fir den 1. Juli net méi méiglech. Et gëtt also virgesinn, dass dësen Text den 1. August a Kraaft trëtt. Et hätt ee kënnen a misse méi séier vläicht handelen, mä bon, d'Haaptsaach ass, elo gëtt eppes gemaach, an zesummen droe mer zu engem Déblocage vun dëser Situatioun bäi, och wann nach net alles perfekt ass. Och dëst Gesetz muss nach duerno an der Praxis seng Preuvë maachen, a mir wäerte gesinn, dass et sécherlech nach Verbesserungsméiglechkeete gëtt.

Onser Meenung no misst an enger éischter Phas elo den Innenministère sech mat de Gemengen an deene concernéierte Secteuren - Bau an Immobilien - zesummesetzen, fir eng kohärent Applikatioun vun deem amendéierte Gesetz iwwert den Aménagement communal ze erméiglechen an all Interpretatiounsdivergenzen sou wäit wéi méiglech aus der Welt ze schafen.

Weider misst gekuckt ginn, awéiwäit den Artikel 28 vum 2004er Gesetz misst réexaminéiert ginn.

Ech si weider der Meenung, dass dat ganzt Gesetz iwwert den Aménagement communal misst fréier oder spéider dans son ensemble an en profondeur gekuckt a wahrscheinlech iwwerschafft ginn.

An deem Sënn bréngen ech eng Motioun, Här President, am Numm vun onser Fraktioun. Si ass elo vu mir ënnerschriwwen, well mir wollte Plaz loosse fir aner Leit, déi sech vläicht nach wéilten dëser Initiativ uschléissen. Wann dat net sollt de Fall sinn, Här President, si selbstverständlech aner Kolleege vu menger Fraktioun bereet déi Motioun ze ënnerschreiwen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;

- relevant les difficultés qui se sont manifestées lors de l'application de la loi du 19 juillet 2004;

- notant que les communes ainsi que certains acteurs du secteur de l'immobilier et de la construction doivent faire face à un blocage de leurs activités dû aux difficultés résultant de l'application de la loi du 19 juillet 2004;

- saluant le projet de loi N°5449 portant modification de la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain permettant de débloquer cette situation intenable pour les communes et les acteurs du secteur de l'immobilier et de la construction;

- constatant cependant que le projet de loi susmentionné ne permet pas d'écarter toutes les imprécisions et insuffisances de la loi du 19 juillet 2004;

invite le Gouvernement,

- à se concerter avec les communes et les acteurs du secteur de l'immobilier et de la construction afin d'agir dans le sens d'une application cohérente de la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;

- à procéder à brève échéance à une analyse d'ensemble des dispositions en vigueur en vue d'une probable initiative législative supplémentaire qui permettra aux autorités communales de disposer d'une base légale solide et précise pour l'élaboration de leurs futurs PAG;

- à réexaminer notamment les dispositions de l'article 28 de la loi du 19 juillet 2004 qui posent problème dans la mesure où les personnes privées se voient clairement désavantagées;

- à modifier l'article 34 de la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain relatif à la cession des fonds réservés à des aménagements publics dans le sens de la circulaire ministérielle relative à l'application dudit article.

(s.) Colette Flesch, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Emile Calmes.

Ofschléissend also si mir der Meenung, dass dësen Text e wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung markéiert, dass dësen Text kann zu engem, vläicht nëmmen deelweis, mä sécherlech wäit gehenden Déblocage féieren. Mir soen dofir dem Minister fir seng Initiativ Merci a mir wäerten dee Projet stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. D'nächst Riednerin ass d'Madame Mutsch.

Dir hutt d'Wuert, Madame Mutsch.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).-* Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi viru ronn engem Joer d'Gesetz iwwert den Aménagement communal gestëmmt gouf, huet d'sozialistesch Fraktioun sech enthalen. Dobäi hate mir deemools keen Zweifel drun, dass et noutwendeg wier fir d'Gesetz vun 1937 ze reforméieren.

Ze villes huet sech hei zu Lëtzebuerg an deene leschte 70 Joer verännert. Den Territoire, iwwert dee mer verfügen, ass begrenzt, an de Bedarf u Bauland, Stroossen, Industriezonen an esou weider gëtt ëmmer méi grouss. Mir mussen deemno déi Ressourcen, déi mer hunn, méiglechst rationell notzen an esou plangen, dass eis Infrastruktur net nëmmen de Besoine vun haut gerecht gëtt, mä och un d'Bedürfnisser vun deene kommende Generatioune kann ugepasst ginn.

Eis Fraktioun war dofir d'accord mat den Ziler, mat der Ausriichtung vum Gesetz vun 2004 a mir waren och d'accord, dass e Kader misst geschafe ginn, an deem sech den IVL kéint développéieren. Mä obwuel mir eis heibannen alleguerten, oder bal alleguerten iwwert d'Objektiver eens waren, hate mir Bedenken an hu se behalen. Et pour cause!

Engersäits hu mir gefaart, dass dat neit Gesetz negativ Répercussiounen op d'Gemengenautonomie hätt. Mir hunn et net gutt fonnt, dass a verschiddenen Artikelen eng Rei vu ganz allgemeng gehalenen Ziler zwar wuel festgehale gouf, mä doduerch awer d'Méiglechkeet opgoung fir d'Opportunitéit vun eenzelne Projeten a Fro ze stellen an domat sech carrément, a schlecht novollzéibar an d'Gemengegeschäfter anzemëschen.

Mir ginn haut - ee Joer duerno - dovunner aus, dass dat an der Praxis net esou geduecht ass an och net virkënnt, doduerch dass d'Démarchë méi transparent an d'Argumenter besser novollzéibar sinn.

Déi aner grouss Suerg, déi mer haten, betrëfft déi praktesch Ëmsetzung vun deem neie Gesetz. Zu deem Zäitpunkt, wou mer doriwwer ofgestëmmt hunn, waren eiser Meenung no ze vill Froen ongekläert. Et konnt deemools keen eis mat Bestëmmtheet soen, wéi déi ongefëier Auswierkungen op d'Gemengen an hir Servicer wieren, wat fir en zousätzlechen Aarbechtsopwand erfuerderlech wier oder wat fir e finanziellen Impakt duerch zousätzlech Contraintë géingen entstoen. E grousse Problem hu mer och doranner gesinn, dass d'Iwwergangsmodalitéiten an deem neie Gesetz net kloer geregelt waren.

Well et virun engem Joer op all dës Froe keng befriddegend Äntwert ginn ass, ware mir der Meenung, dass ee sech méi Zäit misst loosse fir dat heite Gesetz, dat ëmmerhin ee Gesetz soll ersetzen, wat bal 70 Joer gutt war, an dat och deementspriechend muss esou ausgeschafft ginn, dass et net bannen e puer Méint erëm misst amendéiert ginn. Leider ass genee dat geschitt, an dofir musse mer elo haut dat nohuelen, wat deemools versäumt ginn ass.

Tatsächlech huet dat neit Gesetz bei eise Gemengen an och bei de concernéierte Milieue fir Onsécherheet gesuergt. An deenen éischten dräi Méint gouf dat och nach doduerch verstäerkt, dass e Règlement grand-ducal gefeelt huet. De Problem war zwar schonn am November geléist - dat wëll ech hei och ganz däitlech soen -, mä et huet awer fir Polemik gesuergt an d'Skepsis an de Gemenge vis-à-vis vun deem neie Gesetz nach weider oprechterhalen.

Onsécherheet gouf et och an de Gemengen, wat d'Interpretatioun vu bestëmmte Formuléierungen am Gesetz ugeet. Dass et sech dobäi net ëm Eenzelfäll vu schlechtem Wëllen handelt, weist ënner anerem eng Circulaire, déi am Mäerz un d'Gemenge goung an déi probéiert huet méi Kloerheet ze schafen. Eng weider Circulaire, déi d'Gemengen am Abrëll kritt hunn, war néideg fir Mëssverständnisser an Iertümmer bei der Prozedur ze verhënneren.

De gréisste Problem haten eenzel Gemengen awer fir schonn unzefänken - well de Wëllen ass wuelverstanen do -, hir nei PAPen an Aklang ze brénge mat PAGen nom ale Modell, déi nach Bestand hunn. Mir denken, dass dëse Problem mat de Modifikatiounen, iwwert déi mer elo haut ofstëmmen, behuewen ass, genee wéi vill aner Froen, déi mer eis deemools gestallt hunn.

Dëse Projet gëtt eng ganz Rëtsch Prezisiounen an enthält virun allem déi Iwwergangsbestëmmungen, déi mir gefuerdert haten an déi och noutwenneg sinn, fir dass d'Gemenge kënnen am Kader vun hiren aktuelle PAGe schaffen, bis se e PAG hunn, deen nom Modell vum Gesetz vun 2004 nei ausgeschafft gëtt.

Et gëtt festgehalen, dass d'Gemenge sechs Joer Zäit hunn, fir e PAG auszeschaffen, deen de Kritäre vum Gesetz vun 2004 entsprécht. Eréischt wann deen Délai, deen ënner Ëmstänn mat Genehmegung vum Minister nach kann ëm ee Joer verlängert ginn, ofgelaf ass, verléieren d'PAGen, déi nach no alem Modell ausgeschafft gi sinn, hir Gültegkeet. Déiselwecht Délaie gëllen och fir d'Règlements communaux sur les bâtisses, déi ersat musse ginn.

Déi PAGen a PAPen, déi zu deem Zäitpunkt, wou dat hei Gesetz a Kraaft trëtt, an d'Prozedur ginn, kënnen nach an engem Délai vun zwee Joer approuvéiert ginn. Ausserdeem kënnen d'PAGen, déi nach ënnert de Bestëmmunge vum Gesetz vun 1937 entstane sinn, respektiv schonn an der Prozedur sinn, punktuell verännert an ergänzt ginn.

Hei ass d'Notioun vum Intérêt général erausgeholl ginn, esou wéi de Statsrot dat proposéiert hat. Hien hat drop higewisen, dass dësen Terme net genau definéiert ass an dass et hei zu engem Konflikt kéint kommen, wa sech den Intérêt communal an den Intérêt général géigeniwwer stinn.

An der Kommissioun hu mer laang iwwert dëse Punkt diskutéiert a mir sinn zum Schluss komm, dass den Intérêt général eng Charakteristik ass, déi dat neit Gesetz wéi e roude Fuedem duerchzitt an dass een dofir op dëser Plaz kann drop verzichten, dës Notioun explizit als zousätzlech Befugnis an der Iwwergangszäit an d'Gesetz anzeschreiwen.

Déi nei Iwwergangsbestëmmunge gesi vir, dass d'Gemengen, déi nach keen neie PAG hunn, nei PAPe kënnen ausschaffen oder aler verännere an upassen, ouni sech mussen un d'Dispositioune vun den Artikele 26, 27, 105 an 106 mussen ze halen, déi mat deenen ale PAGe kaum ëmzesetze sinn.

De Buergermeeschter kann och direkt eng Baugenehmegung ginn, wann dës Aarbechte konform si mam bestoende PAG respektiv PAP.

Doriwwer eraus kënne PAPe weiderhin - an dat ass ganz wichteg - vun Architekten, Ingenieuren an esou weider ausgeschafft ginn. Eng méi strikt Lëscht vun agrééierte Leit soll nach just fir d'PAGe gëllen. Dat schéngt eis e ganz wichtege Punkt ze ginn. Mir wëlle positiv ervirsträichen, dass duerch professionell Büroen urbanistesch Qualitéitskritäre garantéiert sinn. Woubäi een awer muss soen, dass et net einfach ass bei eis am Land Fachleit ze fannen, déi déi néideg Qualifikatioun, souwuel am Urbanismus wéi och an der Landesplanung hunn.

Schued ass et awer, dass gréisser Gemengen net méi, wéi bis elo, kleng PAG-Upassunge mat hire spezialiséierte Servicer virhuele kënnen, mä direkt op en externe Büro zréckgräife mussen. Hei gëtt den Know-how vun héichqualifizéierten an erfahrene laangjährege Mataarbechter aus de Gemenge leider net genotzt, wat och aus Käschtegrënn bedauerlech ass.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Am Allgemengen ass et wichteg, dass d'PAGe vu Fachleit ausgeschafft ginn - fir dat hei ganz kloer ze soen - fir kënnen ze garantéieren, dass d'PAGen am Aklang si mat den Ziler vum Gesetz iwwert den Aménagement du territoire vun 1999 an dass spéider och den IVL kann dorobber opbauen. Wann d'PAGe vun deenen eenzelne Gemenge méi staark harmoniséiert sinn a vun dërselwechter Grondiddi geleet a geprägt sinn, da wäert et och méi einfach sinn, en integratiivt Konzept ze entwéckelen, fir datt eng Reform vum Territoire sech och an der Praxis ka bewähren, well soss gëtt et jo näischt.

Et ass dofir wichteg, dass scho vun deem Moment un, wou dëst neit Gesetz en vigueur ass, garantéiert ass, dass déi nei PAGe konsequent an der Philosophie vum Gesetz vun 2004 ëmgesat ginn, well un der Grondiddi vun deem Gesetz solle mer festhalen.

De Statsrot hat a sengem Avis vum 3. Mee virgeschloen, an enger éischter Etapp just déi néideg Iwwergangsbestëmmunge festzeleeën, an huet och proposéiert, an enger zweeter Etapp nach eemol d'Gesetz als Ganzt ze iwwerschaffen. D'Chamberskommissioun ass net deen dote Wee gaangen a mir sinn och der Meenung, dass dat richteg ass. Eis ass et virun allem dorëm gaangen, d'Detailmodalitéite bei der Ëmsetzung vun dësem Gesetz ze klären, Iwwergangsbestëmmunge kloer festzeleeën an dobäi d'Grondphilosophie vum Gesetz vun 2004 ze respektéieren an hir Mise en oeuvre richteg ze begleeden.

De Gesetzesprojet, wéi en elo hei virläit, wäert verhënneren, dass et zu engem Blocage kënnt, deen nom Vote vum Gesetz vun 2004 net nëmme vun deene concernéierte Beruffskummere virausgesot gouf.

Dir Dammen an Dir Hären, eng positiv Haltung vis-à-vis vun engem neie Gesetz mat dëser Envergure ass essentiel. Well bei allen Diskussiounen däerfe mer net vergiessen, dass mer de qualitative Sprong a Richtung Nohaltegkeet, dee mir mat dësem Gesetz maachen, bei eis am Land dréngend brauchen. D'Gesetz vun 1937, op dat eenzel Leit am léifste géifen zréckkommen, entsprécht einfach net méi den Ufuerderunge vun enger moderner Urbanisatiounspolitik. E Konzept wéi dat vun der Nohaltegkeet gouf et viru knapp 70 Joer einfach nach net. Eist Land huet sech an deene leschte Jorzéngte wesentlech verännert a wäert sech och an deenen nächste Jore weider verännere.

Dës Entwécklung musse mer genee analyséieren an eis déi richteg Instrumenter ginn, fir se kënnen aktiv ze gestalten an ze begleeden. Wa mer vun Nohaltegkeet schwätzen, da musse mer en Equiliber fannen tëscht deene verschiddenen Intérêten. Dobäi musse souwuel sozial wéi och ekologesch an ekonomesch Aspekter berücksichtegt ginn. Dofir leet jo dat neit Gesetz esou vill Wäert op d'Mixité fonctionnelle, eng gutt Mëschung vun deenen diversen Notzungen a wéi se op eisem Territoire kënnen optimal harmoniséiert ginn.

Mir sinn op alle Fall haut frou, dass duerch dat modifizéiert Gesetz an duerch déi Kloerheet, déi geschaf gouf, den éischte Schrëtt konnt gemaach ginn a Richtung Nohaltegkeet oder e weidere wichtege Schrëtt a Richtung Nohaltegkeet, vun där ganz oft geschwat gëtt an déi et awer elo gëllt um Terrain och ëmzesetzen.

Ech géing ofschléissend dem Rapporteur fir säin detailléierten an interessante Rapport Merci soen an den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet mat op de Wee ginn.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Camille Gira. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass schonn en eemolege bemierkenswäerte Virgank, deen haut hei stattfënnt. Ech probéiere mech ze erklären.

Do gëtt hei an der Chamber am Juli 2004 en neit kommunaalt Aménagementsgesetz ugeholl. Ouni Géigestëmm, wëll ech betounen. Am Virfeld ass et wuel eng Rei Kritike ginn, souwuel an der Chamber vun deenen, déi sech enthalen hunn, mä och souguer vun deenen, déi dofir gestëmmt hunn. Et huet ni ee behaapt, dat Gesetz wier perfekt. Et sinn och eng Rei Kritike vun Avisë vu bausse komm.

Mä all déi Kritike waren éischter punktueller wéi prinzipieller Natur. Mä keng - an ech betoune keng - vun all deene Kritike beschäftegt sech mat deenen Artikelen, déi herno ëmmer erëm an der Diskus-

sioun stoungen. D'Artikele 26, 27, 34, 105, 106. Wann ech d'Avisen all duerchginn zu deenen Artikelen: de Statsrot, sans observation. D'Stad Lëtzebuerg, kee Kommentar an hirem Avis zu deenen Artikelen. De Syvicol, keng Remarquen zu deenen doten Artikelen.

Ech mengen, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir sidd mat mer d'accord, dass dat kee Gesetz war an ass, wou d'Fronte kloer gewiescht wieren, wou d'Positiounen immens polariséiert gewiescht wieren.

Richteg ass awer, dass eng Rei Lobbye mat hire Fuerderungen am Virfeld vun den Diskussiounen net duerchkomm waren. Dat Gesetz war awer nach keng dräi Méint a Kraaft, dunn ass aus volle Réier op et geschoss ginn. Vun de Promoteuren, vun den Architekten, vun den Ingenieuren, vun de Bauentreprisen. An du koum eng Ordonnance vum Dezember vum Geriicht, datt eng eenzel Baugenehmegung suspendéiert wier. En alldeegleche Phenomeen, wéi et der x an der Vergaangenheet ginn huet a wéi et der och an der Zukunft wäert ginn.

An aus där Ordonnance sinn déi ënnerschiddlechst Konklusioune gezu ginn. Den Här Helminger huet fir d'Stad Lëtzebuerg e Baustopp verhaangen, en erstaunleche Phenomeen, muss ech soen, wat eigentlech total onkonform ass zum Gemengegesetz. E Buergermeeschter ka jo net, wann en um Geriicht verléiert, soen: „Sou, lo applizéieren ech dat Gesetz net méi wou ech verluer hunn." En Uerteel um Geriicht ass ëmmer nëmme gülteg fir dee Cas spécifique, an et huet ee jo vill Rechter als Buergermeeschter, awer bestëmmt net fir dann ze soen: „Sou, lo maachen ech mol e Moratoire a menger Gemeng."

D'DP an der Oppositioun wollt näischt méi wësse vun deem Gesetz, wat se an der Majoritéit nach gestëmmt hat. An d'Lobbyen hunn eng gutt Geleeënheet geroch a gesinn, all dat an déi Ordonnance ze interpretéieren, wat se schonn ëmmer anscheinend virdru gesot haten.

D'Press huet zu engem gudden Deel, muss ech soen, a bedauerlecherweis, all dës Aussoen onkritesch iwwerholl an esou huet d'Saach sech héichgeschaukelt. Du koum de 24. Mäerz dat Uerteel, wat net méi gemaach huet wéi d'Ordonnance ze bestätegen, an obwuel nach eng Kéier dëst Uerteel just an engem spezifesche Fall gesprach gouf, ass vu ville Leit doraus en definitive Beweis erausgelies ginn, dass d'Gesetz vun 2004 zum allgemenge Chaos am Bausecteur géing féieren. Esou si schlussendlech aus allgemenge Behaaptunge lues a lues onëmstéisslech Wourechte ginn, déi ëmmer erëm gebetsmühlenaarteg widderholl si ginn. Et waren der virun allem siwen, déi ëmmer erëm komm sinn. Ech probéieren déi hei Punkt fir Punkt ze widderleeën.

Éischt Behaaptung, dat Gesetz vum 19. Juli 2004 wier iwwert de Knéi gebrach ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen, muss ech drun erënneren, dass dat Gesetz dräi Joer um Instanzewee war? Muss ech drun erënneren, dass d'Parlamentskommissioun net manner wéi 13 Sitzunge mat deem Gesetz verbruecht huet? Dat ware keng Sitzunge vun zéng Minutten. Dat ware Sitzunge wou mer stonneweis zesummesouzen. Muss ech drun erënneren, dass déi parlamentaresch Kommissioun net manner wéi 15 Änderungsvirschléi zu dësem Gesetz erabruecht huet?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn elo eelef Joer an där Chamber hei. Mat Ausnahm vum Kommodosgesetz vun 1999 kann ech mech net erënneren, dass mer an enger Chamberskommissioun, wou ech derbäi war, eis sou intensiv a sou seriö mat engem Gesetzesprojet ausernee gesat hu wéi deem vum 19. Juli 2004.

Et sinn Entrevuë gewiescht mat Vereenegungen, OAI, CTF. Et si schréftlech Avisë ginn, Mouvement écologique, Syvicol, Stad Lëtzebuerg. Ech hu kee vun deene sechs Vertrieder a Vertriederinne vun der Stad Lëtzebuerg, déi deemools hei an der Chamber souzen, ee Piipcheswuert héiere soen, weder an enger vun deenen 13 Sitzungen nach hei am Plenum. Wou waren d'Vertrieder an d'Vertriederinne vun der Stad Lëtzebuerg, déi zu sechs un der Zuel aus dem Schäfferot an där leschter Legislaturperiod hei souzen, wou ware si bei der Virbereedung vun dësem Gesetz?

De Statsrot huet nieft sengem éischten Avis zwee Zousazavisë formuléiert, wou en, wéi ech scho gesot hunn, keng fundamental Bedenken zu deenen Artikelen hei hat. Ech wëll och nach eng Kéier ganz kloerstellen, dass den 28. Abrëll, also méi wéi sechs Woche virum Vote vum Gesetz, sämtlech Règlements grand-ducaux der Kommissioun virlouchen an dem Syvicol weidergeleet gi waren. Ech géing Merci soen, wa bei méi Gesetzer dat de Fall wier, dass mer beim Vote vum Gesetz och géinge wëssen, wat iwwer Règlements grand-ducaux géing ëmgesat ginn.

Zweet Behaaptung: Déi 25%-Klausel am Artikel 34 géing d'Baupräisser héijen a wier net uwendbar.

Dozou muss ee soen, dass et déi Klausel schonn zënter 1937 gëtt. Mä ech hunn dat Gefill, dass se op deene wéinegste Plazen ëmgesat ginn ass. Dat Eenzegt wat geännert huet, an och doriwwer - dat kënnt Der an de Rapportë vun de Kommissiounen noliesen - hu mer stonnelaang diskutéiert, an dat wat do drageschriwwe ginn ass, ass ganz bewosst dragesat ginn, fir ze soen, mir mussen endlech eng Gläichheet tëscht de Promoteure schafen. Et kann net sinn, dass e Promoteur, deen d'Chance huet zoufälleg e groussen Terrain laanscht eng bestehend Infrastruktur ze hunn, näischt brauch ofzeginn, dee brauch keng Infrastrukturen ze bezuelen. An en anere Promoteur, deen eventuell déiselwecht Fläch, awer méi konzentréiert an der Mëtt vun enger Uertschaft huet, dee muss seng Infrastrukture selwer bezuelen an e muss 25% ausginn.

Net méi an net manner ass déi Bestëmmung vum Artikel 34, an esou war se geduecht, also soll se och ëmgesat ginn. Do war iwwerhaapt keen Zweifel drun, wat domat sollt geschéien.

Mä et ass natierlech kloer, dass Leit, déi déi al Klausel vum 1937er Gesetz net ugewant hunn, och natierlech massiv Problemer kréien, fir se an deem neie Gesetz ëmzesetzen.

Drëtt Behaaptung: Et géing net genuch qualifizéiert Büroe ginn. Bei 117, elo haut géif ech vun 116 Gemengen zu Lëtzebuerg ausgoen, wieren dat iwwer sechs Joer verdeelt 20 Bebauungspläng iwwert d'Joer. Natierlech si mer eis eens, dass dee vun der Stad Lëtzebuerg e bësse méi Zäit hëlt wéi dee vun der Gemeng Néngsen, mä mir wäerten awer jo och net mengen, dass mer sechs Méint bräichte fir dee vun der Gemeng Néngsen opzestellen.

Ech mengen, bei momentan 14 Büroen an natierlech enger oppe Lëscht, kann ech wierklech d'Fro vun der Madame Flesch net verstoen. Et war evident vun Ufank un, dass dat doten eng oppe Lëscht ass. Wou géing da stoen, dass se zou wier? Et ass evident, dass all Büro, dee sech esou eng Fachkraaft uneegent, d'Demande ka maachen, an da gëtt déi Lëscht wéi och aner Lëschten, déi zu Dosenden am Lëtzebuerger Stat existéieren, ugepasst.

Ech wëll net leugnen, dass bei de PAPen an enger Iwwergangszäit et effektiv kann oder kéint zu engem klengen Enkpass kommen. Dat ass richteg. Ech kommen herno och nach dorop zréck. Dofir si mir och mat gewëssen Änderungen averstane gewiescht. Mä ech menge fir d'PAGe kann een haut scho soen, dass d'Zuel vun de Büroen net de Problem wäert sinn, fir déi Reform duerchzeféieren.

Véiert Behaaptung: Et wier keen Ënnerscheed tëscht Architekten a Landesplanung. Dat ass d'selwecht, wéi wann ee géing soen, e Metzler kann och Brout hierstellen, well béid si Liewensmëttel. Esou vill wäert ass dee Verglach. Ech mengen, en Architekt baut eenzel Gebaier, an en Urbanist an e Landesplanger maachen eng ganz aner Approche.

Ech si fest iwwerzeegt, dass, wann eist Land plazeweis esou grujelech ausgesäit, dann huet dat grad domat ze dinn, dass an der Vergaangenheet vill ze vill oft reng Architekte probéiert hunn Urbanismus a Landesplanung ze bedreiwen.

Fënneft Behaaptung: Et wier bal onméiglech ginn iwwerhaapt nach Baugenehmegungen erauszeginn.

Déi meescht Buergermeeschteren, Här President, hunn zënter dem August Dag fir Dag, Woch fir Woch, Mount fir Mount Baugenehmegungen erausginn. An ech kommen herno nach op d'Zuel vun de Baugenehmegungen zënter dem August d'lescht Joer zréck, esou dass ech mengen, dass déi Behaaptung absolut net richteg ass.

Natierlech si fir eng ganz Rei Baugenehmegunge PAPen noutwendeg. Si waren awer och schonn zënter 1937 noutwendeg. Dat ass eppes, wat ëmmer erëm ënnerschloe ginn ass bei der Geschicht vun de PAPen. Do geet et jo net nëmmen drëm fir d'Leit ze emmerdéieren; do geet et ëm e fundamentaalt Matsproochrecht vun den Noperen, wann esou e PAP opgestallt gëtt. Dat ass an der Diskussioun ëmmer erëm vergiess ginn. Et geet net nëmmen ëm urbanistesch Bestëmmungen. Et geet ëm e Matsproochrecht, dass Noperen, wa Saache vu gréisserem Ausmooss an hirer Noperschaft gebaut ginn, dass déi Leit eng Chance kréien iwwert déi Prozedur vun de PAPe matzeschwätzen.

Sechst Behaaptung: Dat Uerteel vum 24. Mäerz géing wierklech beleeën, dass dat Gesetz vum 19. Juli 2004 net uwendbar wier. Tatsaach ass, wann ee sech mol d'Méi mécht dat Uerteel ze liesen: D'Uerteel seet genau de Géigendeel! D'Uerteel seet, dat Gesetz wier kloer a prezis. An d'Uerteel seet och ganz kloer, firwat dass d'Stad Lëtzebuerg dee Prozess verluer huet: Ma well se sech net un dat Gesetz gehalen huet an notamment un den Artikel 106, deen einfach seet, dass ee bei engem Relotissement misst e PAP maachen. Ech wëll awer soen, dass an eisen Aen deen do Fall och schonn ënnert dem Gesetz vun 1937 esou gewiescht wier, an anscheinend wëllt den Här Helminger jo, wann dat hei Gesetz a Kraaft ass, den Dag drop deem Promoteur do erëm eng Genehmegung ginn. Ech weess awer och, dass d'Nopere gradesou séier erëm wäerte Recours aleeën.

Ech soen lech haut, Här President, ech si ganz zouversiichtlech, dass d'Stad Lëtzebuerg och mat deem Gesetz vun haut, wou mer awer dee Paragraph drastoe gelooss hunn, dass een, wann et méi Haiser sinn, dass een dann awer muss e PAP maachen - dat soen ech hei -, dass d'Stad Lëtzebuerg nach eng Kéier wäert deen do Prozess verléieren.

Well wann an enger Strooss, wou lauter Eefamilljenhaiser stinn, op eemol zwou, dräi Parzellen zesummegeholl gi fir Appartementshaiser mat no bei 30 Appartementer ze maachen, wa mer do kee PAP méi maachen, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus de Gemengen, da froen ech mech: Wéini musse mer iwwerhaapt nach e PAP maachen?

Siwent a lescht Behaaptung: Dëst Gestz géif zu enger Hällewull vu Prozesser féieren. De Marco Schank huet et scho vidru gesot. Wann een d'Jurisprudenz am Gemengesecteur kuckt, dann ass dat 80 bis 90% Jurisprudenz am Beräich vum Gesetz vun 1937. Dat ass kloer. Dat ass eng komplizéiert Matière. Do geet et ëmmer méi dacks ëm ëmmer méi Geld, esou dass, mengen ech, dat och keen neie Phenomeen ass.

Ech wëll och betounen, Här President, well och heiansdo gemaach ginn ass, wéi wa mir hei d'Rufer in der Wüste wieren, dass mir beileiwen net eleng waren a si mat eiser Meenung. Do sinn eng Rei Juristen a Spezialisten, déi eis Recht ginn hunn.

Ech kann en Artikel aus dem „Lëtzebuerger Land" vum Mee 2005 zitéieren, wou en Här Kneip schreift: «La loi est claire et complète (…) par contre elle est mal lue et surtout mal comprise.»

Ech kéint och de fréieren Innenminister Michel Wolter als Alliéierten hei zitéieren. Ech mengen, dass een him awer kéint zoutrauen dat Gesetz ze kennen an och ze wëssen, wéi et ze applizéieren ass, an hien deelt gréisstendeels eis Aschätzungen.

An da schlussendlech, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ginn d'Zuelen eis jo Recht. Wann ech richteg informéiert sinn, da sinn zënter dem A-Kraaft-Triede vun deem neie Gesetz 5.100 Baugenehmegungen erausgaangen, respektiv Baugenehmegunge fir 5.100 Wunnengen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwer zéng Méint 5.000 Genehmegungen, dat ass keng Genehmegung méi an dat ass keng Genehmegung manner wéi 2003, wou der iwwer zwielef Méint 6.000 erausgaange sinn.

Do muss ee sech awer froen, Kolleeginnen a Kolleegen: Ass dat de «moratoire partiel» am Bausecteur, vun deem d'Madame Flesch an hirer Proposition de loi schwätzt? Ass dat de Blocage, vun deem d'ALOC op hirer Pressekonferenz am Januar geschwat huet? Ass dat d'Kuerzaarbecht, mat där d'Fédération des Artisans am Abrëll gedrot huet?

Dofir hoffen ech, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gitt mer Recht, wann ech gesot hunn, et ass schonn en eemolegen, e bemierkenswäerte Virgang, deen hei stattfënnt! En eemolegen, e bemierkenswäerte Virgang, wann dës Chamber e Gesetz ëmännert, obwuel et keng objektiv, ech betounen, keng objektiv Ursaache gëtt, déi dat géingen zwéngend erfuerderen.

Et ass bemierkenswäert, wann ee Buergermeeschter, dee sech manifestement an engem Fall net un dat neit Gesetz gehalen huet, méi nogelauschtert kritt, wéi Dosenden anerer, déi iwwer 5.000 Baugenehmegungen an deem Joer, Dag fir Dag, verdeelt hunn.

(Interruptions diverses)

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Dir sidd supergescheit.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Dir ännert de PAG selwer, dat ass natierlech méi liicht.

Une voix.- Dat deet wéi, Här Bettendorf, gell Diert?!

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Dir sidd supergescheit.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Et waren nach aner Gescheiter do, well et si jo 5.000 Baugenehmegungen erausgaangen. Dat heescht, et war also net den Här Gira, deen déi erausginn huet.

(Interruptions)

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Also, ech weess d'Zuel vun de Baugenehmegungen, déi zu Biekerech an deem leschte Joer erausgaange sinn, net auswendeg. Dat sinn der vläicht eng gutt Dosen. Mä…

(Interruptions)

Här Bettendorf, dann haalt Der all déi aner Buergermeeschteren, déi de Gros vun deene 5.000 Baugenehmegungen erausginn, och fir net gescheit. Mir aktéieren dat haut a wäerten dem Vollek dat dobausse matdeelen.

Wéi ass et dann awer méiglech, dass et iwwerhaapt zu esou enger geckeger Situatioun komm ass? Eiser Meenung no gëtt et eng Rei Ursaachen.

Éischt Ursaach. Dat neit Gesetz huet wierklech e Paradigmewiessel an enger komplexer Matière bruecht. A mir sinn der Meenung, dass den Innenministère net genuch Efforte gemaach huet, fir de Gemengen d'Ausmooss vum Changement kloer ze maachen. An eisen Ae ginn do e puer Circulairen a véier Regionalversammlunge wierklech net duer.

Zweet Ursaach. De Wiessel am Ministère huet sécherlech och zur Veronsécherung bäigedroen. Et ass an eisen Aen net ze iwwersinn, dass deen neie Minister net esou hannert deem Gesetz steet wéi deen alen, a wann een nun eemol net esou hannert eppes steet, dann huet een och vläicht méi Problemer, fir et dobausse glafwierdeg ze vertrieden.

Drëtte Punkt. Den neien Innenminister huet eiser Meenung no de Moment verpasst, wéi nach Zäit gewiescht wier dobaussen, fir kloer Verhältnisser ze schafen. Amplaz eng Rei Buergermeeschteren op hir gesetzlech Flichten opmierksam ze maachen, huet hie sech vun deeneselwechte beaflosse gelooss. Amplaz iwwer Land ze zéien an d'Gesetz ze verteidegen an nach eng Kéier ze erklären, huet hie sech ënnert dem Dësch verstoppt.

Ech stellen hei d'Fro, léif Kolleeginnen a Kolleegen: Firwat ass net mat deenen Dosende Buergermeeschtere geschwat ginn, déi Dag fir Dag, Woch fir Woch ouni Problem Baugenehmegungen ausgedeelt hunn? Firwat ass sech nëmme mat deene Leit concertéiert ginn, déi mat alle Moyenë probéiert hunn dat neit Gesetz ze torpedéieren?

Véierte Punkt. Et kënnt effektiv elo eréischt zum Virschäin, dass eng Rei Gemenge jorelaang d'1937er Gesetz entweder net ganz oder deelweis falsch applizéiert hunn. Ech hu mech renseignéiert bei Leit aus der Stad Lëtzebuerg aus dem Service de l'architecte, an déi hu mer confirméiert, dass d'Stad Lëtzebuerg zur Zäit vum Innenminister Spautz eng mëndlech - ech kann net soen Autorisatioun -, mä dass den Här Spautz d'accord war, dass fir klenger PAPen, Lotissementer, Relotissementer, d'Stad Lëtzebuerg däerf, well se dann ee Geometer an en Architekt hätt, déi selwer maachen. Dat war vläicht gutt gemengt vum Här Spautz, mä dat ass awer manifestement géint d'Gesetz vun 1937, an da kann ee just soen, dann hat d'Stad Lëtzebuerg verdammt Chance, dass se net schonn des Öfteren an net schonn éischter op d'Nues gefall ass, wa se esou Saache selwer gemaach huet, obwuel se hätt missen d'Prozedur vun engem PAP maachen.

Ech menge wierklech, dass e gudden Deel vun de Mëssstänn a vun dem Duerchernee vun där do Tatsaach hierkënnt, wann eng Verwaltung gewinnt ass, jore-, jorzéngtelaang op eng gewësse Manéier ze operéieren, a sech net bewosst ass, dass se do vläicht net ganz korrekt ass vis-à-vis vun engem ale Gesetz, an da kënnt en Uerteel, an da verstinn ech, dass do vill Duercherneen ass. Ech mengen,

dass dat awer net kann d'Ursaach sinn, fir elo esou vill Opwand ze bedreiwen.

Ech hu mech schonn erkläert zur 25%-Klausel. Mir kënne gären iwwer Land zéien, an ech sinn iwwerzeegt, dass mer x Beispiller gesi wou an der Vergaangenheet och Buergermeeschteren, leider muss ech soen am Intérêt vun hire Leit, net déi 25%-Klausel applizéiert hunn, mä éischter - wéi soll ech soen? - d'Partie vun de Promoteure gehalen hunn, an dann natierlech elo ganz kloer Schwieregkeete kréien, fir konsequent den Artikel 34 ëmzesetzen.

An ech muss lech soen, ech weess och x Gemengen, déi zum Beispill bei zwee Haiser kee PAP gefuerdert hunn. Mir hunn an eiser Gemeng dat konsequent duerchgezunn, well et einfach am Artikel 1 vum Gesetz vun 1937 steet. Wann een dat ni gemaach huet, da gëtt een natierlech mat deem neien 2004er Gesetz iwwerhaapt net eens, wann een dat aalt Gesetz net korrekt ugewant huet.

Fënneften a leschte Punkt: Ech menge schonn, dass eng Rei aflossräich Lobbye vun der Onsécherheet, der allgemenger Onsécherheet profitéiert hunn, fir nodréiglech dat duerchzesetzen, wou se am Virfeld vum Gesetz vun 2004 gescheitert waren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an eisen Ae schafe mer hei e geféierleche Prezedenzfall. Geet et an Zukunft duer, dass een oder e puer Buergermeeschtere refuséieren e Gesetz ëmzesetzen, fir dass mer et nei schreiwen? Geet et an Zukunft duer, dass eng Lobby mam Broutkuerf wénkt, fir dass ganz Fraktiounen ëmfalen a grad gestëmmte Gesetzer erëm op d'Kopp geheien? Mir fannen als Gréng dës Virgehensweis wierklech ganz bedenklech, an duerfir wäerte mir och géint dëst Gesetz stëmmen.

Géing dëst Gesetz sech drop begrenzen, eng Rei juristesch Prezisiounen ze formuléiere bei deene Punkten, wou dann anscheinend Onkloerheet besteet, hätte mir eis souguer nach duerchgerongen, dat Gesetz matzestëmmen. Wa mer domat aus deem Schlamassel, dee verschidde Leit verursaacht hunn, erauskomm wieren, hätte mir dat am Interesse vun de Leit, déi baue wéilten, och nach akzeptéiert.

Mä wat haut geschitt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat geet vill méi wäit an huet näischt méi mam Deblockéiere vun enger anscheinend verfuerener Situatioun ze dinn. Hei gëtt ouni akute Grond d'Obligatioun fir Urbanist a Landesplaner ze sinn, fir e PAP ze maachen, definitiv opgehuewen. Dat ass eng wesentlech Neierung gewiescht vum Gesetz vun 2004 fir endlech méi Qualitéit an den Urbanismus an an den Aménagement du territoire zu Lëtzebuerg ze kréien.

An dobäi wëll ech awer drun erënneren, Här President, an der Kommissioun louch e Kompromiss um Dësch, dee mir eis och souguer nach hätte kënnen duerchréngen matzedroen, an deen dra bestanen hätt, an der Iwwergangszäit, esou laang wéi déi al PAGen a Kraaft gewiescht wieren, wou effektiv méi PAPen dann ze maache sinn, déi do Bestëmmung ausser Kraaft ze setzen. Mä et gëtt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, keng Ursaach, fir elo schonn eppes ausser Kraaft ze setzen, wat bei deenen neie PAGen eréischt an dräi, véier, fënnef, sechs Joer a Kraaft trëtt.

Neen, hei ass e Kouhandel tëscht deenen dräi ale Parteie gemaach ginn! Hei hu Lobbyen an de Kulissen dat duerchgesat, wat se 2004 net duerchgesat kritt haten, an dat ass an den Ae vun deene Gréngen e Skandal an dat gëtt eng Katastroph!

Elo kënnen erëm Promoteuren, Dir Dammen an Dir Hären, mat hiren Hausarchitekte ganz Quartiere plangen, elo kënne souguer Geometeren - dat musst Der lech virstellen - Urbanismus bedreiwen. Wat dat gëtt, dat kënnt Der elo schonn iwwer Land kucken, an ech fäerten, dass elo massiv wäert profitéiert gi vun deenen nächste fënnef, sechs Joer, esoulaang déi nei PAGen nach net a Kraaft sinn, fir wierklech nach ewell alles ënner Dach und Fach ze kréien, wat nach iergendwou am Tube louch.

Domat gëtt an eisen Aen e wichtege Steen aus der Festung erausgeléist, eng Festung, déi d'Gesetz vun 2004 géintiwwer de Privatinteresse vun de Promoteuren opgeriicht hat, eng Festung, déi duerfir suerge sollt, dass d'Gemengen erëm déi wieren, déi d'Entwécklung vun hiren Uertschaften an den Hänn hätten.

Mä, Här President, et ass nach net gedoe mat haut. Dës Festung soll weider geschlaff ginn. Dat geet ganz kloer aus dem gemeinsamen Avis vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce ervir, déi dëse Projet, dee mer haut solle stëmmen, net approuvéieren. Dat geet och aus der Pressekonferenz vun der Fédération des Artisans ervir, déi kloer gesot huet, dass dës Nobesserunge bei wäitem net wäit genuch ginn.

Dat geet an eisen Aen och kloer aus der Motioun vun der DP ervir, déi hei zwar seet, si géing d'Philosophie vun deem Gesetz vun 2004 deelen, awer mat all Saz, dee se an där Motioun schreift, kloer seet, dass se eigentlech net domat averstane wier an esou séier wéi méiglech wëllt dës Festung, d'neit Bebauungsgesetz schläifen.

Här President, déi Gréng bedaueren dëst zudéifst! Wéi wëlle mer hunn, dass mer zu Lëtzebuerg endlech eng kohärent Landes- a Kommunalplanung kréien, wann d'Politik beim éischte Géigewand zréckruddert? Wéi wëlle mer en IVL mat grondleeënde Reforme jee eng Kéier ëmsetzen, wa beim éischte klenge Widderstand d'Politik kleng bäigëtt?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis ass dee Virgang vun haut kee gutt Zeeche fir d'Zukunft. Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Gira. Nächste Riedner ass den Här Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Merci, Här President. Erlaabt mer fir d'éischt op dem Här Bausch seng Fro ze äntwerten, dee mech gefrot huet, wou ech wunnen. Här Bausch, ech sinn zu Esch gebuer, ech wunnen zu Esch an ech wäert och zu Esch wunne bleiwen. A wann Der iergendee Problem…

(Interruption)

Déi kënnt Der bei Ärem Kolleeg Braz froen, déi gitt Der zu Esch um Biergerbüro gewuer, Här Bausch. A wann Der soss nach iergendee Problem mat mir hutt, sinn ech gär bereet, deen ënner véier Aen ze klären, wann Der dozou fäeg sidd!

(Interruptions diverses, hilarité et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Kommt elo, keng perséinlech Diskussiounen! Här Jaerling, kommt zu Ären Ausféierungen.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Ech hunn déi perséinlech Diskussioun net ugefaangen, ech wollt just dem Här Bausch drop äntwerten, wat e wollt wëssen, a wann e méi gewuer wëllt ginn, sinn ech gär bereet mat him driwwer ze schwätzen. Mä e soll sech da waarm undoen.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Här President, dem Här Rapporteur wëll ech félicitéiere fir säin explizite Rapport. Bedéngt duerch déi vill Interessevertriedungen, déi mat dësem Projet verbonne sinn, war et fir d'Kommissioun sécherlech net einfach, en allgemeng akzeptabele Kompromiss ze fannen. Den Ursprong vun dëser Gesetzesännerung war, datt dat Gesetz vum 19. am Heemount 2004 praktesch net ëmsetzbar war, engersäits well et Dispositiounen enthalen huet, déi ofhängeg ware vu Reglementer, déi eréischt Méint duerno verfaasst gi sinn, an anersäits well Dispositiounen dra waren, déi et der gängeger Praxis onméiglech gemaach hunn, se ze akzeptéieren.

Den ADR hat scho bei der Lecture vum Gesetz vum 19. am Heemount 2004 seng Bedenken ugemellt; eise Bedenke gouf leider keng Rechnung gedroen. An och déi Leit aus der Praxis si Stuerm gelaf géint dat Gesetz, an och si, déi jo awer den Terrain kennen, sinn net gehéiert ginn. De Risiko vun engem Baustopp ass ëmmer méi flagrant ginn an d'Baubranche huet Alarm geschloen. Den ADR huet all deene Bedenke Rechnung gedroen a versicht, opgrond vun enger Gesetzesinitiativ den Haaptproblempunkt, dee sech gestallt huet, ze revidéieren.

Dës Gesetzesinitiativ ass de 16. am Spierkel 2005 deponéiert ginn. Et war besonnesch déi verlaangt rapid Ëmsetzung vum Gesetz vum 19. am Heemount 2004, déi den Administratiounen an de Leit um Terrain Problemer gemaach huet. Zumools well déi groussherzoglech Reglementer, wat de Contenu vum PAG a PAP ubelaangt, an déi noutwendeg ware fir d'Exekutioun vun deem Gesetz, eréischt den 18. am Wantermount 2004 publizéiert gi sinn.

De Statsrot huet dat och a sengem Avis bemängelt. Fir d'Exécuteure war et also praktesch onméiglech, e PAP auszeschaffen. An och fir d'Gemenge war et praktesch onméiglech, fir nei PAPen ze entwéckele respektiv déi bestehend PAGen den neie gesetzleche Bestëmmungen unzepassen.

D'Diskussiounen aus de leschte Méint hunn erginn, datt net nëmmen d'Ëmsetze vun deem neie Gesetz ze vill iwwerstierzt war, mä och d'Finaliséierung vum Gesetz selwer. Wann och am Gesetz vun 2004 gutt Dispositiounen drastoungen, wéi zum Beispill d'Verstäerke vun der Autonomie communale am Bezuch op den Aménagement du territoire, esou huet sech awer eng exzessiv Schwéierfällegkeet erausgestallt, wat d'Prozeduren iwwert d'Baugenehmegung ubelaangt, oder d'Erfaasse vun engem PAP fir d'Particulieren.

D'Gesetz weist och eng Rei Kontradiktiounen op, déi musse revidéiert respektiv preziséiert ginn. Verschidden Artikele mussen integral iwwerduecht ginn, wéi zum Beispill d'Oftriede vu 25% vun der Gesamtsurface vun engem PAP. An deem Zesummenhang huet den Här Minister an der Kommissioun jo matgedeelt, dass eppes an där Richtung misst geschéien, an datt ee misst méi Flexibilitéit an déi Dispositioun abauen.

En anere Problem, dee sech gestallt huet, war d'Applikatioun vum Artikel 108 (1) vun deem aktuelle Gesetz. Dësem Artikel no hunn d'Gemengen en Délai vu sechs Joer fir en neie PAG ze erstellen. Während där Zäit applizéieren déi eng Gemengen also nach e PAP nom Gesetz vun 1937 an déi aner een no deenen neien Dispositiounen. Et sinn also während där Period zwou Gesetzgebungen, déi parallell applizéiert ginn.

Här President, dem ADR seng Gesetzesinitiativ hat de But, all Bierger virum Gesetz gläichzestellen, an dee Parallelismus do ze verhënneren, andeem d'Applikatioun vun all PAG eréischt sechs Joer nom Kraaft-Triede vum Gesetz vum 19. am Heemount 2004 soll Gültegkeet kréien. Dann hätt jiddfereen - souwuel d'Gemenge wéi och déi Particuliers - Zäit, sech op déi nei Dispositiounen ze preparéieren. Dësen Zäitraum hätt dann och kënne genotzt gi fir eng Rei Interpretatiounsschwieregkeeten am Gesetz ze revidéieren. An et hätt dem Législateur och déi néideg Zäit ginn, fir déi diskutabel a staark contestéiert Dispositiounen ze klären. Well d'Applikatioune vun de PAGen eréischt a sechs Joer a Kraaft trieden, misst datselwecht dann och fir d'PAPe gëllen. Dat hate mer als ADR proposéiert. De Statsrot stoung der Propositioun vum ADR positiv géigeniwwer. En huet sech awer och fir eng global Reform vum Gesetz vum 19. am Heemount 2004 ausgeschwat.

Här President, d'Chamberskommissioun huet dëst Gesetz sou schnell wéi méiglech évacuéiert, woumadder mir als ADR kënnen d'accord sinn. Mir bedaueren awer, datt dem Statsrot seng Amendementer iwwert dat Oftriede vu 25% vun der Surface globale vum PAP souwéi manner selektiv Kritären am Zesummenhang mam PAG a PAP net berücksichtegt gi sinn.

D'Fro, déi sech prinzipiell gestallt huet, ass, ob de Prinzip vun enger qualitativer Ausriichtung vun de PAGen an de PAPe géif a Fro gestallt ginn, wann ee weider Qualifikatiounen zouléisst fir e PAP auszeschaffen. D'Fro stellt sech, ob déi qualitativ Philosophie vum Gesetz vun 19. am Heemount 2004 nach spillt, wann ee Geometeren an Ingénieurs techniciens dotés en urbanisme e PAP ausschaffe léisst. An d'Fro, déi sech stellt, ass och déi, ob een d'Ausschaffe vun de PAGen a PAPe just op déi Qualifikatioune soll beschränken, déi an der offizieller Lëscht stinn, an ob dann och nach d'Garantie ginn ass, fir all de Besoine gerecht ze ginn.

Déi Leit vum Terrain an och d'Chamberskommissioun sinn der Meenung, dass dës restriktiv Lëscht vu qualifizéierte Leit net duergeet. Dofir ass och majoritär festgehale ginn, dass dës Lëscht soll erweidert ginn op Geometeren an Ingénieurs techniciens dotés en urbanisme.

Et schéngt eis als ADR och de richtege Wee ze sinn, fir aus dëser verzwéckter Situatioun erauszekommen, well de Risiko vun engem Baustopp besteet, a mir kënnen eis dat an dëser Zäit wierklech net leeschten.

Et geet hei also net ëm ideologesch oder prinzipiell Iwwerleeungen; et geet hei just drëm ze verhënneren, datt mer nach méi Betriber an Aarbechtsplazen an d'Précaritéit geheien.

Och wann et Gemenge gëtt, déi mengen, mat deenen neien Dispositioune gutt ze fueren, ass de Risiko vun där enger oder anerer Plainte awer net auszeschléissen, well d'Gesetz einfach ze vill Interpretatiounsspillraum zouléisst.

Här President, mir kënnen deemno mat deem haut hei virleiende Gesetzesprojet d'accord sinn, well e Moyenë schaaft fir virunzekommen an hëlleft eng Rei Interpretatiounsschwieregkeeten aus der Welt ze schafen, iwwerdeem en d'Artikele 26, 27, 105 an 106 och enger déif gräifender Analys ënnerwerft an och den Artikel 34 iwwert d'Oftriede vu 25% vun der Gesamtsurface vun de PAPen enger Revisioun ënnerwerft, an domadder de qualitative Geescht, deen d'Gesetz vum 19. am Heemount 2004 priméiert huet an och weider soll priméieren, trotzdeem net a Fro stellt, an eng Ouverture do ass, fir eventuell zousätzlech Ongereimtheeten, déi eis d'Praxis weise wäert, och ze revidéieren.

Bleift fir eis als ADR nach drun ze erënneren, datt, sollt eng gréisser Revisioun vun deem Gesetz innerhalb vun deenen nächste Jore kommen; och nach eemol muss iwwert déi onsënneg Enteegnungsklauselen diskutéiert ginn, fir och déi ze revidéieren. Et war dat nämlech ee vun de Grënn, firwat datt den ADR d'Gesetz vum 19. am Heemount 2005 net gestëmmt hat.

Dat gesot, Här President, kann ech d'Zoustëmmung vum ADR zu dësem Gesetz ginn an der Hoffnung, datt domadder endlech Kloerheet um Terrain geschaf ka ginn an dass weider ka geschafft ginn. Wat d'Motioun vun der DP ubelaangt, esou kënne mer eis och mat där d'accord erklären.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Als leschte Riedner ass den Här Alex Bodry ageschriwwen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e puer Wuert nach vu menger Säit an dëser Diskussioun. Ech muss soen, et ass haaptsächlech d'Interventioun vum grénge Sprecher, déi mech dozou bruecht huet, fir mech nach an d'Riednerlëscht hei anzeschreiwen. An zwar well ech e bësse Problemer hu mat senger Schwaarz-Wäiss-Molerei, mat senger dach liicht simplistescher Duerstellung vun der Realitéit.

Ech kann net akzeptéieren - dat soen ech ganz éierlech -, dass Leit sech hei de Kostüm vum wäisse Ritter undinn…

Une voix.- Très bien.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- …an sech dann als Schoulmeeschter vun all deenen aneren hei am Parlament a vun alle Gemengeverantwortlechen uechtert d'Land ginn, a maachen, wéi wa si eleng richteg géife leien an déi aner beschtefalls vun näischt eppes verstinn a schlëmmstefalls korrupt sinn an Affer si vun obskure Wirtschaftslobbyen, a si déi Eenzeg wären, déi schéi, grued, an ouni no aneren Interessen ze kucken, hei géifen hire Wee goen.

Ech wëll drun erënneren, dass deen Text, deen 2004 hei gestëmmt ginn ass vun der…

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

…CSV, vun der DP a vun deene Gréngen, a bei deem eis Partei sech mat gudde Grënn enthalen huet - mä mir hu Recht kritt duerch d'Entwécklung, déi déi Méint drop komm ass -, dass dat Gesetz dräi Objektiver hat. Et sollt alles méi einfach; et sollt alles méi schnell an et sollt alles méi kloer ginn.

Ech géif elo ganz objektiv bieden no engem Joer mol de Fazit ze zéien,…

Une voix.- 5.100! 5.100!

(Interruptions)

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- …ob d'Prozeduren dann elo wierklech mat deem heiten Text méi schnell oflafen. Ech soen Neen. Ob d'Prozeduren da mat deem heiten Text elo méi einfach ginn. Ech soen Neen. A scho guer net méi kloer, well wat geschitt ass, dat ass eng relativ grouss Rechtsonsécherheet. Woubäi ech och ganz kloer soen, dass ech net mat allem averstane sinn, wat d'Stad Lëtzebuerg hei gemaach huet.

(Interruption)

Ech hunn als Diddelenger Buergermeeschter meng Responsabilitéite geholl an ech hu weider Baugenehmegungen ausgestallt, mä ech soen awer ganz éierlech, ech si mer net sécher, ob ech ëmmer nom Buschtaf vum Text gehandelt hunn. Well Diddeleng zum Beispill bei deene Gemenge war, déi praktesch vun haut op mar hätte missen en Architekt engagéieren, wat mer awer net am Summer 2004 gemaach hunn, an theoretesch praktesch alles zu Diddeleng hätt mis-

sen iwwer e PAP lafen. Wann ech mech dorunner gehalen hätt, wat de Buschtaf, net onbedéngt de Geescht, vum Gesetz ass, wären zu Diddeleng net e puer honnert Autorisatiounen erausgaangen, mä et wär net eng erausgaangen an deem Zäitraum vun engem Joer. Dat wëll ech mol kuerz soen.

Dat gesäit ee vläicht zu Biekerech net esou, mä wann een dat e bësse vun Diddelenger Säit aus kuckt - an et sinn nach aner Gemengen an deemselwechte Fall -, gesäit een, dass d'Welt vläicht e bësse méi komplizéiert ass, wéi dat op den éischte Schäin esou schéngt.

Sou dass ech wierklech der Meenung sinn, dass deen Text u sech richteg ass, mat ville Grondprinzipien, déi e probéiert anzeféieren, mä eigentlech deen Text vun 1937, wa mer awer och éierlech sinn, net d'Katastroph selwer duerstellt.

A wat fir ee Gesetz bréngt dat praktesch fäerdeg? Nennt mir mol Gesetzer hei zu Lëtzebuerg, déi all Dag applizéiert ginn, an déi praktesch 70 Joer laang Bestand hunn!

Une voix.- D'Schoulgesetz! D'Schoulgesetz!

(Interruption)

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Sou schlecht sinn déi Texter net. Wann ee vernünfteg mat Texter ëmgeet - an ech mengen dat ass d'Absicht vun deene meeschten, déi an der Gemeng Verantwortung droen -, da kann ee mat deenen Texter eng ganz gutt urbanistesch Politik maachen, well een eigentlech awer do eng ganz Rëtsch vun Handhaben huet. Wann s de wëlls als Buergermeeschter, da kanns de déi asetzen, an da mengen ech, da kriss de och eng geuerdnet Entwécklung vun denger Uertschaft.

Sou dass ech also mengen, dass een hei net sollt blann sinn - op kengem A! Et soll een erkennen, dass dat Gesetz vun 2004 an déi richteg Richtung geet an e logeschen Agencement mécht vun eenzelne Regelen, wat an der Praxis an der Vergaangenheet sécherlech net ëmmer an alle Fäll esou respektéiert ginn ass, mä datt et sécherlech kee perfekten Text ass. An dat geet jo schonn dorauser ervir, dass ee scho musst no e puer Méint eng Circulaire erausginn, fir deen een oder deen aneren Artikel ze explizéieren, wat eng völleg onüblech Prozedur ass hei zu Lëtzebuerg, fir esou Texter ze explizéieren.

De Fait, dass während deene Versammlungen, déi gemaach si gi mat Gemengen, nodeem den Text natierlech scho gestëmmt war, do eng Rei vu Froe gestallt si ginn, wou am Fong keng eenheetlech Äntwert komm ass vun de Responsabele vum Ministère, ënnersträicht, dass am Ministère selwer an eenzelne Punkten eng Interpretatiounsdivergenz bestanen huet.

Alles dat si jo awer Problemer, déi een net hei däerf verkennen an erofspillen, a maachen, wéi wann hei nëmme Wirtschaftslobbye géifen aktiv ginn. Ech kann lech berouegen, et ass net ee Promoteur u mech erugetratt, fir mat mir ze diskutéieren, ob deen heiten Text soll weider bestoen, Jo oder Neen.

Mir spiere ganz einfach an der Praxis, wat en um Terrain vun Onsécherheet bewierkt a wat ee selwer Problemer huet, an déi technesch Servicer an de Gemengen och, fir d'Applikatioun dagdeeglech vun deem heiten Text ze maachen.

Och wann ech sécherlech gären agestinn, datt alles, wat nei ass, eng Gewöhnungszäit brauch, a verschidde Leit sécherlech léiwer am alen Train-train virufuere wéi onbedéngt da mat neien Texter sech erëmzeploen an nei Konzepter sech unzëeegnen. Mä ee Manko ass ganz kloer: Woumadder sech déi viregt d'Chamber net genuch beschäftegt huet an herno och den zoustännege Ministère, dat ass déi Transitiounsphas. Dat ass eigentlech dee Punkt, dee mer haut diskutéieren.

Déi Transitioun, déi abrupt komm ass am August d'lescht Joer, nodeem am Mee, an der leschter oder an der zweetleschter Sitzungswoch vun der Chamber, deen heiten Text mat engem gewëssenen Drock nach probéiert ginn ass duerchzedrécken. Dat wësse mer jo awer och. Ech war jo selwer dobäi. Et weess ee wéi dat jo awer trotzdeem gaangen ass, sengerzäit, a wéi eigentlech dann d'Wahle komm sinn an duerno keng Preparatioun gemaach ginn ass.

Op eemol ass deen Text an de Summerméint publizéiert ginn am Mémorial, an dat Bescht war, d'Applikatiounsreglementer, déi awer indispensabel sinn, fir kënnen dräi Deeg drop deen Text och ze applizéieren, déi sinn emol dräi an en hallwe Mount méi spéit komm! An nach haut sinn net all Règlement-grand-ducalë publizéiert, déi awer wichteg sinn, fir deen heiten Text kënnen ëmzesetzen.

Dat beweist jo awer, dass do haselech gehandelt ginn ass, an dass do net mat der néideger Suergfalt eigentlech op déi Mise en pratique an déi ganz Fro vun der Transitioun vun engem agefleeschtene System, dee während 60, 70 Joer fonctionnéiert huet, an e komplett neie System mat enger neier Philosophie geuecht ginn ass. An dat ass jo grad dee Punkt, deen elo kritesch ass. An et ass dee Punkt, wou hei emol probéiert gëtt, mengen ech, dat Uergst ze verhënneren an erëm méiglech ze maachen, dass een a Rou kann déi Transitioun vun deem engen an deen anere System maachen. Net méi an net manner ass hei gewollt mat deem heiten Text.

Mir sinn der Meenung, dass dat heiten eigentlech awer e gudden Text ass. Wa mer also d'Gesetz u sech net stëmme konnten, kënne mer selbstverständlech Jo soen zu där heiter Modifikatioun, wat eng Modifikatioun vu bon sens ass a soss näischt.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Den Här Gira nach.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, Här President, Dir verstitt, dass ech gewëssen Aussoe vum Här Bodry net esou kann am Raum stoe loossen. Ech mengen, en huet mer wierklech net gutt nogelauschtert, well soss kéint en net a meng Wierder interpretéieren, ech hätt hei och nëmmen am wäiteste Sënn Undeitunge gemaach, hei géing vu Korruptioun Rieds goen!

En huet mer och net nogelauschtert, soss hätt en héieren, dass déi Gréng no deem ganze Schlamassel, dee komm ass, bereet gewiescht wieren, e Gesetz ze stëmmen, wat reng déi Iwwergangsregelunge géing regelen. Wann Der mer nogelauschtert hätt, dann hätt Der dat missen ad acta huelen.

Mä wat ech awer gesot hunn, an dozou stinn ech, well ech et live an der Kommissioun matkritt hunn, dat ass, dass, wat d'Ofschafe vun der PAP-Lëscht ubelaangt, do e Kouhandel gemaach ginn ass tëscht deenen dräi ale Parteien.

An, Här Bodry, Dir misst et jo awer am beschte wëssen. Dir hutt an där enger Sitzung selwer - selwer! - d'Propos gemaach, dass mer déi Bestëmmung nëmme géinge maache fir d'Iwwergangszäit. Et ass well effektiv nom ale Regime ganz vill PAPen ze maache sinn, a well do kéint en Enkpass kommen, dass een do géing soen, do kann déi al Qualifikatioun gëllen. Mä Dir hutt selwer gesot, dass et awer nëtzlech wier, déi Bestëmmung stoen ze loossen.

A wa mir haut dat Gesetz net stëmmen, hunn ech gesot, wann Der mer nogelauschtert hutt, da wéinst dem Ofschafe vun deem doten Artikel, well mer guer net gesinn, wou de Lien ass vun engem eventuellen Déblocage, elo, mam Ofschafe vun enger Lëscht a véier, fënnef Joer, wann déi nei Regimer kommen. An dozou stinn ech, dat ass e Kouhandel, well et kritt ee jo awer alt e bësse mat, wat och an de Kulisse leeft, well déi Sitzung duerno wollte weder Dir nach Är Fraktioun nach iergendeen aneren eppes vun där Iwwergangsléisung wëssen.

A mir wësse jo och, dass bis dohin d'CSV op där Richtung war, an dass den Innenminister Wolter bis zu där Sitzung an de Sitzunge war, an aus guddem Grond ass hien an deene Sitzungen duerno net méi opgetaucht, genee well do déi richteg Leit um Wierk waren, fir déi do Bestëmmung da schlussendlech eranzekréien.

Dat hunn ech gesot, Här Bodry, net méi an net manner, a mir wiere kompromissbereet gewiescht, mä wéi mer dat do Schauspill erlieft hunn, dat wollte mer wierklech net matdroen.

An nach eng Kéier: Ech kann nëmme soen, dass d'Zuelen eis awer net grad Onrecht ginn. Dat musst Der awer zouginn, Här Bodry, wann an zéng Méint 5.100 Baugenehmegungen erausgi ginn, dann ass dat genee datselwecht wéi am Joer 2003, 6.000 an zwielef Méint.

(Interruption)

Ech hoffen, Här Henckes, an ech huele jo un, dass Der esou vill kënnt rechnen: 5.100 Genehmegungen an zéng Méint ass genauesou vill wéi 6.000 an zwielef Méint, esou dass een net hei vu Schwaarz-Wäiss-Molerei ka schwätzen.

Ech stinn net eleng hei mat deem, dee keng Problemer mat deene Genehmegungen huet. Et geet och net nëmmen ëm Biekerech an d'Stad Lëtzebuerg, et si vill Gemengen dertëscht, déi méi urban si wéi Biekerech, déi och kee Problem hu mat deem Gesetz.

A schlussendlech, wat d'schoulmeeschterhaft Aussoen ubelaangt, Här Bodry, do kann ech lech just op Är Pressekonferenz vum 19. Mee verweisen. Wann een do schoulmeeschterhaft mat deenen aneren ëmgaangen ass, da sidd Dir et!

(Interruption)

Liest „d'Wort" nach eng Kéier vum 20. Mee, da kënnt Der gewuer ginn, wéi schoulmeeschterhaft Aussoe sinn.

Ech soen lech Merci.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Streit elo net nach weider mateneen! D'Wuert huet nämlech elo den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf!

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Joer 1985 hu vill Leit iwwert den deemolege Statsminister Pierre Werner gewitzelt, wéi hien décidéiert huet, fir hei zu Lëtzebuerg finanziell Mëttel opzebrénge fir Satelliten op Orbit ze setzen. An dësen Deeg, wou den 20. Anniversaire vun der SES GLOBAL gefeiert gëtt, muss jiddfereen agestoen, dass d'Geschicht vun engem Satelittebedreiwer hei zu Lëtzebuerg eng eenzeg „success story" ginn ass.

Dat neit Gesetz iwwert den Aménagement communal huet och schonn zu villen, ganz ville kontroversen Diskussioune geféiert, an duerfir erlaabt mer wierklech, dass ech esou wäit ausgeholl hunn. Well hei, an dat huet een de Mëtteg nach gesinn, sinn, dobausse wéi och hei an der Chamber, d'Kommentaren, d'Interpretatiounen an d'Erklärunge ganz kontrovers. Mä gleeft mer, déi Politiker, déi Deputéiert, déi Ministeren, déi nei Weeër ginn, stelle sécherlech domat munches a Fro, an dat ass scho méi wéi eng Kéier hei am Land an de leschten 30, 40 oder 50 Joer geschitt. Dat wëllt awer net heeschen, dass se wëllen alles zerstéieren.

Hir Iwwerleeunge bedeite kengesweegs e Broch mat der Vergaangenheet oder eng Negatioun vum all deem, wat geleescht gouf. D'Politik hei zu Lëtzebuerg hat an huet nach ëmmer op hir Aart a Weis nom Lëtzebuerger Modell versicht, spezifesch Äntwerten ze fannen op déi schwiereg Froe vum Mateneen op engem klenge Raum vun 2.586 km², an dat an deem groussen Europa ouni Grenzen. An dat politescht Wierke vun der Regierung vu gëschter an och där Regierung vun haut läit am kontinuéierleche Wëllen, sech den Erausfuerderunge vun eiser Zäit ze stellen.

Dofir sinn och weider politesche Courage a Wäitsiicht ugesot; dofir ass et och net einfach dat neit Gesetz - iwwert dat haut och kontrovers diskutéiert gëtt, ech hunn et scho gesot - iwwert den Aménagement communal ze verstoen, well mat dësem Gesetz am Fong geholl och eng gewësse Wäitsiicht verankert ass, e Paradigmewiessel an der Urbanisatioun vun eise Gemengen heimat stattfënnt, en Exercice, dee mer fir d'lescht am Joer 1937, also virun 69 Joer, gemaach hunn,…

(Coups de cloche de la Présidence)

…a wou d'Madame Flesch jo virdru gesot huet, dass och do 30 Joer laang gedoktert ginn ass, bis dat Gesetz sech richteg etabléiert huet.

Mä dëse Paradigmewiessel, dee kënnt och net vun ongeféier. Op där enger Säit sinn am Kader vum 1937er Gesetz eng Partie Dérapagen um Niveau vum Aménagement communal geschitt, dat wësse mer all, an op där anerer Säit leie mer awer an der logescher Konsequenz vun eisem Landesplanungsgesetz vun 1999, vum Programme directeur vum Aménagement du territoire vun 2003, oder och vum politesche Modell IVL. Dës Instrumenter a Prozesser, déi beinhalten Nohaltegkeet, dat heescht wirtschaftlech, ekologesch a sozial Iwwerleeunge fir eist Land méiglechst optimal a performant ze organiséieren.

Dës Prozesser fanne mer jo am politesche Konzept erëm, oder mir stellen se esou duer, dass mer eis d'Fro stellen: Wou schaffen, wou wunnen, wou bewegen? An dat mat engem jährleche Wuesstëm vu 4% an enger Zilsetzung vun enger Verdueblung vum öffentleche Verkéier vun duerchschnëttlech 12,5 op 25%, also en „modal split" op den Horizont 2020.

An, Här President, dëse Kontext, dës Iwwerleeungen, déi muss een am Hannerkapp hunn, wann een d'Philosophie vun deem neien Aménagement-communal-s-Gesetz wëllt verstoen. Wann een doriwwer eraus och weess, dass den Dram vu ville jonken an och manner jonke Matbierger hei zu Lëtzebuerg an och doriwwer eraus deen ass, sech en Eegenheem unzeschafen, a wann ee schliesslech mat dëser Problematik vill Aarbechtsplazen a vill Geld verbënnt, da versteet een a gesäit een déi gesellschaftlech Wichtegkeet vun dësem Gemengeplanungsgesetz, esou datt et fir mech sécherlech a fir anerer och net verwonnerlech ass, dass dësen Dossier politesch ganz waarm gouf a méi wéi eng Kéier vu Blocage am Bausecteur geschwat gouf.

Mat dësem Gesetzesentworf wëllt den neien Innen- a Landesminister och net méi helleg si wéi de Poopst. Hie wëllt och net d'Rad nei erfannen. Hie wëllt vläicht eppes maachen, wat am bon sens ass - wéi den Här Bodry elo grad gesot huet. Mä wat hie besonnesch wëllt, dat ass Rou hei am Land hunn an engem Secteur, deen zum Räichtum a Wuelstand wéi och zur Liewensqualitéit vun eise Matbierger bäigedroen huet.

Et war och net einfach, muss ech soen, e Kompromiss ze fannen, deen den Iwwerleeunge vun deenen, déi behaapten, et géif näischt méi goen, a vun deenen aneren, déi soen, et ass iwwerhaapt kee Problem, fir do am Fong geholl an engem gewësse Sënn deenen zwou Tendenze Rechnung ze droen.

Fir mech an och fir vill aner Leit ass net relevant, wie Recht huet. Relevant ass, dass hei an eisem Land ka gebaut ginn, an zwar esou, dass déi héich urbanistesch Usprëch vum Gesetz vun 2004 garantéiert bleiwen. An eppes ass kloer: Mat dësem Gesetz ass dat de Fall. Ech hat dat Wuert Blocage virdrun an de Mond geholl, an et sinn nach méi Leit, déi et och schonn haut de Mëtten hei gesot hunn. Duerfir hat ech dann nofroe gelooss op de Gemengen iwwert d'Distriktskommissären, wéi vill Baugenehmegungen erausgaange sinn an der Zäit vum 8. August 2004, also vun deem Dag un, un deem d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, bis den 30. Abrëll 2005, also just virum 1. Mee.

Do muss ee feststellen, den Här Gira huet et richteg gesot, dass - ech sinn nach e bësse méi prezis - 5.173 Baugenehmegunge erausgaange sinn. Et muss een natierlech nuancéieren, well et weess een net, dat konnt ech leider net erauskréien, wéi vill et dat Joer virdru waren, oder déi Jore virdru waren. Dofir kann een déi 5.173 schwéier par rapport zu deene Jore vidru vergläichen. Et kann een awer soen, dass et der vill méi waren, wéi ech geduecht hat. Ech weess awer och, dass der vill dovunner kleng Baugenehmegunge sinn, wéi een déi nennt.

Ech weess och, dass d'Stad Lëtzebuerg, ech weess de Chiffer net genau, mä méi wéi 300 Baugenehmegungen och erausginn huet an där Period. Ech weess, dass et am Süden, dat hunn ech verhalen, d'Gemeng vum Rapporteur, dem Här Sunnen, ass, déi déi meescht Baugenehmegungen erausginn huet. Et waren der 222. Dofir hunn ech et gutt verhalen, well dat déi meescht sinn. An déi zweetvillst ware beim Här Bodry zu Diddeleng. Déi Chifferen hunn ech am Kapp.

(Interruption)

Esou dass sech also eppes gedoen huet an et also schwéier ass an esou engem Kontext vu Blocage ze schwätzen.

Et muss een awer och kucken, wéi et weidergaangen ass mat de PAPen, well dat jo u sech déi Baugenehmegunge sinn, wou vill gebaut gëtt, also wou vill Geld verschafft gëtt - loosse mer et mol esou soen. Do hunn ech och nokucke gelooss an där Zäit, wou ech Minister si vum 1. August, am Fong geholl war et den 31. Juli, mä vun deem Dag un bis op de 24. Juni dëst Joer. Also, an eelef Méint ongeféier sinn 283 PAPen hei am Land approuvéiert ginn, sinn duerch eis Servicer gaangen an och duerch d'Kommissioun. Dat representéiert - dat hu mer nogekuckt am Ganzen - 2.080 Lousen. An 2.080 Lousen, dat seet och net alles.

Dofir hu mer gekuckt, wéi vill Unités de logement dat sinn, also wéi vill Haiser respektiv Appartementer. Nun, an dëser Period vun eelef Méint sinn am Fong geholl och zwee Méint dobäi, wou Stillstand war am Bausecteur, well do jo de Congé collectif war an Intempériën, während deenen net geschafft ginn ass. Et kann een also soen, an néng Méint missten elo um Maart 3.483 Unités de logement sinn. Dat ass jo awer net schlecht, well wann een dat duerch

déi 270 Deeg ongeféier deelt, kënnt een op fofzéng Unités de logement pro Dag. Also, wann ech deen Aspekt kucken, kann een net vu Blocage schwätzen, an ech mengen, et wier iwwerdriwwen, wann een dat seet.

Wat een och ka soen, dat ass, dass den Intérieur net geschlof huet. Et ass vill geschafft ginn, an ech wëll och dofir souguer hei profitéieren, fir de Leit Merci ze soe fir déi konsequent Aarbecht, déi se gemaach hunn, fir dass op d'mannst net ka gesot ginn, d'PAPe géifen am Intérieur leie bleiwen. Mä do ass wierklech konsequent geschafft ginn.

En anere Problem, deen ech muss abordéieren an dee gesäit net esou gutt aus, ass deen, wat an deenen eelef Méint erakomm ass vun neie PAPen. Do ass et och esou, dass ech perséinlech mech méi schwéier gedoen hunn, fir eng Lëscht erauszeginn. Dat huet praktesch bis an de Februar gedauert. Mä vum Februar u war eng Lëscht do. Dat si véier, fënnef Méint. Mä do hu mer bis elo awer nëmmen am Ganzen zwee PAPen, déi aviséiert konnte ginn. An dat ass e Problem. Dat ass wierklech e Problem an dee muss een och gesinn.

Dat ka vläicht dat sinn, wat den Alex Bodry gesot huet, nämlech dass eng gewësse Komplexitéit do ass, mä et sinn der nëmmen zwee, déi wierklech konform waren, wann een esou wëllt. Well bei deene meeschten, wa se erakomm sinn, war den Architekt net konform, respektiv waren d'Konditioune vum Règlement grand-ducal net alleguerte ginn, esou dass dat wierklech e Problem ass.

Eben all dëst, alles mateneen, wat ech elo gesot hunn, huet dozou geféiert, dass eng Onsécherheet bei de Gemengen entstanen ass an och am grousse Ganzen hei am Land. Dofir ass et och gutt, dass mer eis haut an esou engem, ech géif mengen kontroversen, mä trotzdeem konstruktiven Dialog hei zesummefannen, fir dass mer et fäerdeg bréngen hoffentlech dëst Gesetz ze verabschiden, fir eben an der Iwwergangszäit déi néideg Rechtssécherheet ze kréien. An d'Iwwergangszäit, dat heescht jo déi Zäit, wou d'Gemengen nach hir al Bebauungspläng hunn, déi aus dem Gesetz vun 1937, wëssend, dass dat neit Gesetz vun 2004 awer schonn a Kraaft ass.

A well sech hei d'Geeschter esou scheeden a well déi Philosophien esou verschidde si vum 1937er Gesetz a vun deem vun 2004, hu mer décidéiert mat dësem Projet am Fong geholl Bëton ze maachen an dëser Iwwergangszäit. Déi eng soen, et ass es ze vill; déi aner soen, et ass es net genuch. Ech mengen, et geet drëm eppes fäerdeg ze bréngen, dass mer Rou kréien, an dat - wat wichteg ass - ouni d'Philosophie vum Gesetz vun 2004 a Fro ze stellen. Dat ass fir mech déi fundamental Ausso.

Déi Zilsetzungen, déi mer eis ginn hunn iwwert déi lescht Joren - nach eng Kéier, wat ech virdru scho gesot hunn - iwwert den IVL, iwwert de Programme directeur d'aménagement du territoire, och iwwert d'Gemengegesetz a souguer iwwert déi Konventioun vum Südweste vun der Stad Lëtzebuerg, déi mer virun e puer Deeg ënnerschriwwen hunn, all dës Zilsetzunge gi mat dësem Gesetz net a Fro gestallt.

Dofir mengen ech, ass dat, wat den Här Gira virdru gesot huet, och wierklech iwwerdriwwen, fir ze soen, hei géif zréckgeruddert gi mat dësem Gesetz. Och op dee Punkt kommen ech nach zréck.

Ech fannen, dass hei net zréckgeruddert gëtt, an ech kann och direkt dorop kommen. Wann Der schwätzt vum Ofschafe vun de PAPen, dann ass dat jo fir lech ee Casus belli, wann ech dat elo richteg verstinn. Mä u sech ass dat awer a mengen Aen nëmmen e politeschen Argumentaire, well um Fong ännert dës Tatsaach vun der Ofschafung an der Iwwergangsperiod vun der Lëscht näischt. Glat näischt! Well mer am Fong geholl déi richteg definitiv Äntwert eréischt kënne kréien, wa mer gekuckt hunn, wat e PAP mat engem neie PAG heescht, da kënne mer dat soen.

Mä elo ass et esou, dass am Fong geholl hei net ka vu Kouhandel a mengen Ae geschwat ginn, well sech näischt ännert an der Iwwergangsperiod. Ob mir déi Lëscht elo ofschafen oder ob mer se suspendéieren, dat mécht der Kaz kee Bockel. Ech kommen herno nach eng Kéier dorobber zréck, firwat ech an déi Richtung gaange sinn.

Richteg ass, wien e PAP ënnert deem neie Regime, also no der Iwwergangsperiod maachen däerf a wien net, dat wäerte mer an deenen nächste Méint erausfannen.

Mir hate jo gesot an der Kommissioun, ech wéilt bis 2007, an zwar Enn 2007, déi Froe beäntwerten, déi elo gestallt ginn an op déi mer de Moment nach keng Äntwerten hunn. Wat ass da ganz vill d'Ursaach dofir, dass mer keng Äntwerten hunn? Dat muss een awer och soen: Well d'Gesetz bis elo nach keng Chance krut a Rou ze fonctionnéieren. Dat muss ee soen.

An dofir wëll ech och an deem hei Dossier eng ofwaardend Haltung hunn, Madame Flesch, an dofir géif ech och proposéieren, déi Motioun net ze stëmmen. Wa mer déi Motioun, déi Der gemaach hutt, stëmmen, dann ass dat net gutt, well mer da keng ofwaardend Haltung hunn.

Dir sot zum Beispill: «à modifier l'article 34…». Da soe mer elo schonn, dass mer e modifiéieren. Ech kommen nach dorop zréck. Ech fannen, et ass net gutt, wann een dat elo scho seet. Et ass och net gutt, wann ee seet: «à réexaminer notamment les dispositions de l'article 28…». Ech gesinn dat anescht. Ech fannen, do soll een net méi dru goen, an esou weider.

Et soll een all déi Diskussioune féieren an da soll ee sech e Wee ginn an dat zesumme maachen, dat, wéi Der sot, an engem Mateneen; do sinn ech d'accord.

Ech soen och, mir wäerten een Tour dréine bei déi Concernéiert, wéi Der dat gesot hutt, mä ech géif lech bieden déi heite Motioun also net ze stëmmen. Mir wäerten eis, dat soen ech kloer, un d'Recommandatioune vum Conseil d'État halen. Mir wäerten eis och un déi Recommandatioune vun der Chamberskommissioun, déi och implicite waren, halen. Ganz kloer droe mer och deem, wat d'Beruffskummere gesot hunn, Rechnung. Also, mir hu wëlles wierklech informell, loosse mer soen, déi ganz Weeër ze maachen. Mir dréinen déi Tier, wéi Der dat och gesot hutt.

Mä, dat muss ech hei elo scho soen, zwee Punkte si ganz kloer an un deene gëtt och net méi gerüttelt. Éischte Punkt, d'Basisphilosophie vun deem Ganzen, déi sech reflektéiert oder am Programme directeur de l'aménagement du territoire, mat de Plans sectoriels, de Plans régionaux, mam POS, dee jo eist Land territorial e regional soll organiséieren, an och d'Hierarchie vum PAG par rapport zum PAP, déi kënnen net méi a Fro gestallt ginn. Dat soll mol eng Kéier hei kloer gesot ginn.

Deen zweete Punkt, dee fir mech och kloer ass - an dat ass eben den Artikel 28 -: D'Gemengen am Speziellen an d'öffentlech Hand am Generelle mussen an Zukunft hei zu Lëtzebuerg d'Urbanisatioun an eisen Dierfer an an eise Stied an d'Hand huelen an och steieren. Fir mech ass also hei kee Spillraum. Wa mer alleguerten enges Bessere beléiert ginn an den nächste Méint, da weess ech et net, mä dat ass meng politesch Haltung. Do soll net méi dru gefummelt ginn, näischt méi dru geännert ginn.

Wat den Artikel 27 ugeet, do musse mer, unhand vu Fallbeispiller a Simulatiounen, déi mer deklinéieren, kucken, wat dat genau heescht. An dat ass och ee vun de Problemer, déi mer am Gesetz haten, an, wat deen Aspekt ugeet - den Alex Bodry huet et jo och virdru gesot -, ass dat relativ séier komm. Et konnt net richteg getest ginn, wéi d'Gesetz fonctionnéiert oder net fonctionnéiert. Dat ass awer ee vun deenen eenzege Reprochen, déi een deem Gesetz hei ka maachen, wann een do vun engem Reproche ka schwätzen, well wa gudde Wëllen do wier, kritt een och munches gemaach! Ech muss och soen, dass mer do am Fong geholl an enger Situatioun sinn, déi net einfach ass.

Well, an dat ass och kontrovers diskutéiert ginn: Wat heescht e PAP an engem Bebauungsplang vun der Stad Lëtzebuerg? Wat heescht e PAP an engem Bebauungsplang vun der Stad Esch oder vun der Nordstad, déi jo eng aner Approche hunn, oder anescht - loosse mer mol esou soen - configuréiert sinn? Wat heescht e PAP an engem sou genannte Centre de développement et d'attraction, wéi mer der zwielef an eisem Programme directeur hunn? Do kann ech jo Klierf nennen, ech ka Stengefort nennen, ech ka Jonglënster nennen. Wat heescht am Fong geholl e PAP am Bebauungsplang vun enger mëttelgrousser Gemeng wéi Beetebuerg oder wéi Schëffleng oder wéi Hesper? Wéi spillt dëse Mechanismus am neie Gesetz? Kréie mer méi PAPe wéi par rapport zum 1937er Gesetz oder kréie mer manner PAPe par rapport zum 37er Gesetz? Dat ass elo ganz schwéier ze beäntwerten.

Wat sécher ass, an do ass och iwwerdriwwe ginn, mir brauche kee PAP fir all Gaardenhaischen, wéi Verschiddener dat gemengt hunn, dat ass ganz kloer. Kloer ass awer och zum Beispill, dass mer Problemer hunn, dat soll een net verstoppen, mam Règlement grand-ducal iwwert d'Bautereglementer. Do hu mer Problemer. Mir hunn doriwwer en Avis kritt vum Statsrot. Dat ass e problematesche Règlement grand-ducal, an dee Problem musse mer och an deenen nächste Méint léisen.

Mä de Fonctionnement vum Artikel 27, dee festleet, wéini kee PAP muss gemaach ginn, soll een och net vergiessen. Dat ass haut net gesot ginn, mä dat muss een a Verbindung gesi mat den Artikelen 105 an 106, well déi Artikelen, déi bestëmmen, wéini e Lotissement gemaach gëtt, wéini e Relotissement gemaach gëtt, wéini e Morcellement gemaach gëtt. Dat muss een also als Ganzt kucken.

Wéi mir eis do Äntwerten erwaarden, erwaarde mir eis och Äntwerte vun deem Artikel, dee vill de Mëtten ugeschwat ginn ass: den Artikel 34. Wann een deen Artikel liest, muss een e liese wéi dat ganzt Gesetz ze liesen ass, nämlech mat där Méi-Responsabiliséierung vun de Gemengen. Eng Méi-Responsabiliséierung vun de Gemengen, esou muss een e liesen. Wat seet dësen Artikel?

Et ass gesot ginn, bei engem PAP muss ee 25% oftrieden. D'Lecture vum Ministère ass déi, dass dëse Prinzip fir ofzetrieden nëmmen applicabel ass, wann et ëm eng Baulanderschléissung geet, dat heescht also wa lotisséiert gëtt. Dës Klausel kann a mengen Aen, am Ministère sengen Aen, och a munchen anere Leit hiren Aen net spillen, wann al Haiser zum Beispill ofgerappt gi fir Residenzen ze bauen, well hei keen Neiland am Spill ass.

D'Oftriede vun Emprisen, wat och emol muss stattfannen, däerf net esou verstane ginn, dass an deem Fall d'25%-Klausel applicabel wier.

Dat gesinn ech och ganz kloer esou. Also, just eng nuancéiert Approche, wéi ech se elo gesot hunn, well wa mir eng onnuancéiert Approche maachen, eng generell Approche vum 25-Prozent-Prinzip, dat heescht kloer an däitlech - an dat ass schonn oft dobausse gesot ginn an dat ass richteg - eng Hausse vun de Baupräisser, wat mir alleguerten awer, mengen ech, net wëllen.

Dofir musse mer elo ofwaarde wéi d'Lokalpolitik hei hir Responsabilitéit iwwerhëlt. Dem Innenministère seng Vuë sinn am Mäerz, dat ass jo gesot ginn, an enger Circulaire un d'Gemenge gaangen, si sinn am Mémorial B veröffentlecht ginn, an elo kucke mer, wéi dat weidergeet. Mä dëse Gedanken ass jo awer näischt Neies! Dëse Gedanke stoung jo awer schonn am 1937er Gesetz, wou och 25%, oder bis 25% konnten applizéiert ginn. Do ass et d'Méiglechkeet ginn, 1% bis 25%.

Do war et och esou: Déi eng, déi hunn 1% kritt, déi aner 22, déi aner 25, mä et war kee generellen an obligatoresche Charakter bei dëser Dispositioun. Haut ass dat esou, dass jiddfereen d'selwecht behandelt gëtt, an dofir mengen ech ass et gutt, dass ee soll an déi Richtung denken. Wa manner wéi 25% gebraucht ginn, et ass och haut gesot ginn, oder mussen ofgetruede kënne ginn, dann hunn d'Gemengen d'Méiglechkeet ze kompenséieren.

De Pourcentage vum Terrain, deen ofgetruede gëtt, gëtt jo dann iwwer eng Indemnité compensatoire ausgeglach, an d'Héicht gëtt jo iwwert den Dagespräis pro Ar, wou de PAP an d'Prozedur agereecht gëtt, festgeluecht an dann un d'Gemeng ausbezuelt. An déi Gelder - dat ass jo fir mech och fundamental wichteg -, déi hei am Spill sinn, déi d'Gemenge sou kréien, déi mussen an d'Infrastrukturen, déi mat dem PAP direkt oder indirekt a Verbindung stinn, investéiert ginn. Dëst sinn also, wéi mir dat och am Intérieur nennen, affektéiert Recetten, an däers muss ee sech ëmmer bewosst bleiwen.

Här President, ech wollt nach e lescht Wuert soen iwwert d'Ofschafe vun der PAP-Lëscht. Laut Gesetz vun 2004 Artikel 7 kënne jo nëmme Leit e PAP oder e PAG maachen, déi Experienz, Qualifikatioun a Spezialisatioun a Raumplanung a Städteplanung hunn. Et gëtt also keen Ënnerscheed gemaach tësche PAP a PAG. Dass dës Approche restriktiv ass, dat beleeë folgend Zuelen; déi sinn nämlech och nach net haut gesot ginn, a si ware gefrot ginn, mengen ech, och vun der Madame Flesch.

No deem éischten Arrêté, dee mer am Land geholl hunn iwwert déi Leit, déi op déi Lëscht laut Artikel 7 kommen, hu mer am Land 19 Personnes physiques et morales, déi op dëser Lëscht waren.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et ware 14 Personnes physiques a fënnef Büroen oder fënnef Personnes morales. Elo, deemnächst, hunn ech en neien Arrêté, an da geschitt Folgendes: D'Zuel vun de Personnes physiques geet vu 14 op 22 erop; et kommen also aacht Personnes physiques bäi, an d'Büroen oder d'Personnes morales gi vu fënnef op zéng erop. Hei kréie mer also dann zéng Büroen, sou dass mer am Land 32 Personnes physiques a morales hunn, déi där Obligatioun vum Artikel 7 entspriechen. Déi kënnen also da Bebauungspläng maachen. Dat wollt ech och hei soen. Déi eng wäerte soen, dat geet duer; déi aner wäerte soen, dat geet net duer, mä et sinn der 32.

Duerch d'Ofschafe vun der PAP-Lëscht, déi jo haut vill am Gespréich war, gëllt also dës Exklusivitéit vum Artikel 7 net méi fir d'PAPen, fir d'Deelbebauungspläng, an ech gesinn dëst Ofschafen, ech wëll dat och emol eng Kéier hei soen, als en „good will act" mat deene concernéierte Leit. Ech gesinn am Fong geholl dat esou, dass et eng Aart a Weis ass fir mateneen a Rou ze schwätzen, ze diskutéieren, fir Rou am Secteur ze behalen, an et ass fir mech a kengem Aspekt, wéi den Här Gira dat wollt ee Moment soen, e Knéifall virum Lobbyismus. Ech gesinn et wierklech net als Knéifall virum Lobbyismus, ech wëll dat hei kloer an däitlech soen!

Dëse Schratt bréngt an der Iwwergangsphas iwwerhaapt näischt. Dës Dispositioun stellt d'Gesetz, dat aalt Gesetz, oder dat Gesetz vun 2004, wat elo en aalt gëtt, a kengem Aspekt a Fro, an dofir war dat fir mech kee Problem dee Wee do ze goen. Wa mir wéi versprach bis 2007 e Monitoring maachen, wäerte mer gesinn, wat e PAP an der Philosophie vum Gesetz vun 2004 ass, wat dat genau heescht a wat dat implizéiert, wat esou eng Lëscht bréngt…

(Coups de cloche de la Présidence)

…oder wat esou eng Lëscht och net bréngt. Eis Geriichter wäerten eis och deemnächst soen, wat de Prinzip vun der Lëscht bréngt, fir d'Qualifikatiounen ze garantéieren. Well mir hunn zwou Kloe viru Geriicht. Wéi d'Qualifikatioun festgeluecht gëtt, fir e PAG respektiv e PAP ze maachen, déi Äntwert wäerte mer also deemnächst kréien.

Dem Législateur an der Regierung kann et awer a sech nëmmen dorëms goen, fir Garantien ze kréie fir d'Urbaniséiere vun eisem Land, fir am Fong geholl dësen urbanistesche Qualitéitssprong ze kréien, fir deen domat ze garantéieren. Dat ass dat, wat mer wëllen. Dofir wëlle mer och e Master an eng Formation continue op der Uni Lëtzebuerg organiséieren, fir alle Professionellen d'Méiglechkeet ze ginn, fir sech Kenntnisser an der Raumplanung unzëeegnen.

Här President, ech kommen zum Schluss. Ech hunn nach zwou Saachen, déi ech wollt soen.

M. le Président.- Jo, Dir musst och zum Schluss kommen!

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Fir d'alleréischt, dass de Rapport vum Här Sunnen sachlech a gutt war. Ech hunn och déi ganz Diskussioun an der Rei fonnt, an ech sinn der Meenung, dass et duerch déi Aart a Weis, wéi mer haut hei funktionéiert hunn a wéi mer eist Land wëllen organiséieren, méiglech gëtt, de Paradigmewiessel vun deem neie Gesetz iwwert den Aménagement communal besser ze verankeren, méi konkret ze verstoen.

Déi 117 Gemenge wäerten an Zukunft landesplaneresch als Ganzt gesi ginn. Mir wäerten eist Land besser organiséiere kënnen, an esou wäerte mer déi Zilsetzungen, déi mat Nohaltegkeet an der Landesplanung verankert sinn, méi konkret kënnen ëmsetzen. Mir kréien also net nëmme politesch Parole mat eidele Wierderhülsen, mä mir kréien en Alldag, wou dës Wäerter gelieft a praktizéiert ginn.

Merci, Här President.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5449 ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen, bei 6 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert

Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Henri Kox.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Motioun, déi vun der Madame Flesch déposéiert ginn ass. Huet se fënnef Ënnerschrëften?

Motion 1

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Hell ewech!

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Jo, scho gëschter.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President!

M. le Président.- Jo, Madame Flesch.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, Merci dass Der mer d'Wuert gitt. Ech wollt zu der Motioun e puer Wuert soen. Ech wollt awer fir d'éischt dem Minister Merci soe fir déi Statistiken, déi hien ons geliwwert huet, an déi beweisen, dass d'Urempelungen, déi den Här Gira gemengt huet missen ze maachen à l'égard vun der Stad Lëtzebuerg a vun hirem Buergermeeschter, net begrënnt sinn! De Minister huet ons jo ganz kloer gesot, wéi vill Baugenehmegungen an där Zäit an der Stad Lëtzebuerg erausgaange sinn.

Ech huelen och Akt vum Minister senger Deklaratioun, dass hie gewëllt ass, déi Konsultatiounen ze maachen, déi mir recommandéiert hunn, dass hie gewëllt ass, an aller Serenitéit d'Applikatioun vum Gesetz ze examinéieren, an ech mengen, de Projet, dee mer haut diskutéieren, ass de beschte Beweis dofir, dass hien och gewëllt ass, wann ee Problem sech stellt, dee Problem ze léisen.

Wat d'Klausel vun de 25% betrëfft, Här President, ass hei ëmmer erëm gesot ginn, déi hätt och am Gesetz vun 1937 gestan. Dat stëmmt. Mä 25% waren do de Maximum. An hei si 25% eng Obligatioun.

Ech wëll och do, Här President, den Här Gira berouegen. Säit Jorzéngten applizéiert d'Stad Lëtzebuerg déi Klausel vun de 25%. Hei geet si souguer doriwwer heiansdo ewech, andeem si dann de Leit eng Kompensatioun gëtt, well mir der Meenung sinn, dass et wichteg ass bei gréissere Projeten och dofir ze suergen, dass net nëmmen Édifices publics kënne gebaut ginn, mä dass och genügend Grëngzon geschafe gëtt.

Ech huelen awer och Akt, ausser vun deenen Deklaratioune vum Minister, déi ech begréissen, vu senger Deklaratioun am Zesummenhang mam Artikel 28, wou hie gesot huet, do géing fir hien iwwerhaapt kee Spillraum bestoen an dat wier fir hien eng politesch Positioun. Dat ass säi gutt Recht, mä ech mengen dat soll dann och wierklech esou gewosst sinn.

Här President, no den Deklaratioune vum Minister si mir dovunner ausgaangen, dass d'Parteie vun der Majoritéit wahrscheinlech net wéilten eis Motioun ënnerschreiwen. Vun deene Grëngen, déi mengen et misst ee Politik maachen, andeem ee Festunge baut, si mir scho virdrun dovunner ausgaangen, si wéilten net ënnerschreiwen. Dofir hunn ech véier Kolleege vu menger Fraktioun gefrot, si sollen déi Motioun matënnerschreiwen. Dat hunn déi Hären an Damme Bettel, Bettendorf, Brasseur a Calmes gemaach an ech iwwerreechen lech nach eng Kéier déi ënnerschriwwe Motioun.

M. le Président.- Merci, domat mengen ech ass alles gesot zu där Motioun, a mir kommen dann zur Ofstëmmung dovun.

(Brouhaha général)

Ass de Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Vote

D'Motioun ass ofgelehnt mat 45 Nee-Stëmmen a 15 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Oberweis), Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch).

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Dat do war knapp!

M. le Président.- Wann Dir dat do knapp nennt, Här Bettel, da fannen ech awer, dass dat e ganz kloert an däitlecht Signal war.

(Hilarité)

Sou, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Diskussioun iwwert de Projet de loi portant fusion des communes de Kautenbach et de Wilwerwiltz. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an ageschriwwen sinn den Här Calmes, den Här Schneider, den Här Gira an den Här Koepp.

Plusieurs voix.- Oh!

(Interruptions diverses)

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Marco Schank.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Ech géif ëm Opmierksamkeet fir de Rapporteur bieden.

4. 5455 - Projet de loi portant fusion des communes de Kautenbach et de Wilwerwiltz

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

M. Marco Schank *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet, dee mir haut an der Chamber elo nach virleien hunn, huet als Objet d'Fusioun vun zwou Gemengen am ländleche Raum, nämlech Kautebaach a Wëlwerwolz an eng nei Gemeng, an déi Gemeng wäert sech an Zukunft Kiischpelt nennen.

Dës nei Gemeng wäert ongefëier eng dausend Awunnerinnen an Awunner kréien - ech hat leschte Freideg genee nogefrot an et waren der dunn 957, déi zwou Gemengen zesummen - an déi Gemeng wäert och eppes ëm déi 3.400 ha grouss sinn.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Zënter 1978 gouf et keng Fusioun méi hei am Land, bis mir viru kuerzem op dëser Plaz d'Gesetz iwwert d'Fusioun vun de Gemenge Baastenduerf a Furen gestëmmt hunn. Deemno hu mir no 27 Joer, wann een esou wëllt, an enger ganz kuerzer Zäit zwou Fusiounen hei am Land an och am Norden. An dës Fusioun setzt sech och an de Kontext vun deem Pabeier, dee mir amgaange sinn ze diskutéieren an där Spezialkommissioun iwwert d'Réorganisation territoriale zu Lëtzebuerg, mat Recommandatioune fir d'Fusiounen awer och fir sou genannte Communautés de communes.

Fir kuerz op de Werdegang vun där Fusioun anzegoen: De 25. Mäerz 2004 huet den Innenminister de Projet 5455 an der Chamber déposéiert an dee leschte 24. Mee huet déi zoustänneg Kommissioun sech mat dësem Projet befaasst. D'Fusioun vun de Gemenge Kautebaach a Wëlwerwolz ass d'Resultat vun enger laanger Kooperatioun - dat ass net vun haut op mar, datt déi Fusioun sech gedoen huet, et gouf och eng laang Concertatioun am Virfeld - op internationalem Niveau tëschent de Gemengen; an et waren ursprénglech dräi Gemengen: Kautebaach, Wëlwerwolz an Eschweiler. Dat heescht, et ass schonn 1994 richteg ugaangen, doduerch dass d'Gemenge Kautebaach a Wëlwerwolz ee Syndicat intercommunal gegrënnt hu fir de Bau an d'Funktionéiere vun enger regionaler Schoul zu Wëlwerwolz, dee sou genannte Schoulkauz, an d'Gemeng Eschweiler ass 1996, also zwee Joer méi spéit, do dobäi gestouss.

Am Mäerz 2002 hunn dann déi dräi Gemengen sech zesumme mam Innenminister getraff, fir iwwer eng eventuell Fusioun ze schwätzen. An duerch seng Décisioun vum 5. Dezember 2002 huet dunn d'Gemeng Eschweiler sech aus dësen Diskussiounen zréckgezunn.

Tëschent de Gemenge Kautebaach a Wëlwerwolz sinn d'Verhandlungen awer virugaangen, mat dem Resultat, datt déi zwee Gemengeréit de 14. respektiv 28. Mäerz 2003 décidéiert hu fir ze fusionéieren. De 27. Mee 2004 gouf dunn eng Informatiounsversammlung organiséiert mat de Biergerinnen a Bierger aus deenen zwou Gemengen, wou den deemolegen Innenminister dobäi war an och d'Avantagë vun esou enger Fusioun explizéiert huet.

An dann e bësse méi spéit war dunn och zäitgläich mat de Chamberwahlen, den 13. Juni 2004, ee Referendum, wou d'Bevölkerung vun deenen zwou Gemengen d'Méiglechkeet hat, fir sech fir oder géint déi Fusioun do auszeschwätzen; an ëmmerhin hunn 2/3 vun de Leit gesot, datt si dat eng gutt Initiativ fannen.

Op dat positiivt Resultat hin hunn dunn déi zwee Gemengeréit sech definitiv en faveur vun der Fusioun ausgedréckt a si hu gréng Luucht ginn - iwwer sou genannt Délibérations concordantes -, fir eng Konventioun mat der Regierung ze ënnerschreiwen en vue vun enger Fusioun. Dat ass dann net méi spéit wéi de 25. Februar 2005 geschitt; Dir gesitt, datt dee ganze Prozess relativ séier virugaangen ass.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

De Conseil d'État hat keng Awänn zu dësem Projet an déi zoustänneg Chamberkommissioun huet wéi ëmmer ganz schëtzeg geschafft. Ech wollt just op eng Remarque agoen, déi am Kontext vun den Aarbechte vun der Kommissioun gemaach ginn ass, an zwar am Kader vun der Réorganisation territoriale - vun där ech virdru kuerz Rieds hat. Et ass e bëssen de Problem opgegraff gi vun där Masse critique, déi jo an deem Pabeier gefrot gëtt vun 3.000 Awunnerinnen an Awunner an Zukunft an am Zesummenhang mat deenen Awunner hei wou der da ronn soe mer 1.000 beienee kommen, an dat och am Zesummenhang mat deenen 2.500 Euro pro Awunner, déi déi nei Gemeng als Starthëllef kritt.

De Minister huet iwwregens am Kader vun där Diskussioun gesot, hie géif eng Backgroundmap a relativ kuerzer Zäit presentéieren, sou eng Aart Schema, wéi hien déi zukünfteg Zesummeschlëss gesäit - ech soe bewosst Zesummeschlëss, well dat jo net nëmme Fusioune wäerte sinn, mä wéi gesot och ënner Ëmstänn Communautés de communes.

À propos 2.500 Euro, ech wollt kuerz eppes zum Artikel 8 soen: Et ass sou, datt déi zwou Gemengen oder déi zukünfteg Gemeng Kiischpelt déi 2.500 Euro net einfach esou kritt, si kritt déi étaléiert iwwer zéng Joer. A mat deene Suen däerf een och net egal wat maachen. Et steet am Gesetz, datt déi Suen eigentlech fir dräi Objete geduecht sinn, éischtens, fir de Bau respektiv den Ausbau vum Centre scolaire et sportif, wou mir viru kuerzem och dobäi ware wéi déi Aweiung war, zweetens fir de Redressement vun der Voirie vicinale vun Alschent an drëttens vun der Voirie vicinale vu Pënsch.

Déi Fusioun mécht sech net beieneen, mä si mécht sech no an no - ech hunn dat virdru scho gesot - an esou ass och virgesinn, datt bis d'Gemengewahle vun 2017 et zwou Wahlsektioune wäert ginn, d'Sektioun vu Kautebaach, fréier Gemeng mat zukünfteg véier Conseilleren, an d'Sektioun vu Wëlwerwolz mat fënnef Vertriederinnen oder Vertrieder. Duerno wäert et dann eng eenzeg Sektioun ginn.

Vläicht zum Schluss nach zwee, dräi Sätz zu verschiddenen Artikelen. Am Artikel 2 ass däitlech festgeschriwwen, datt de Siège vun der neier Gemeng zu Wëlwerwolz wäert sinn. Am Artikel 3 (2) steet, datt deen éischte Gemengerot vun néng Gemengeréit vun där neier Gemeng den 9. Oktober 2005 gestëmmt gëtt. Am Artikel 4, dat ass och nach vläicht wichteg am Kontext mat de Gemengereglementer, déi bleiwen esou laang bestoen um Territoire vun deenen zwou Gemengen a gëllen och esou laang, bis dann an där neier Gemeng deen neie Gemengerot nei Reglementer entspriechend stëmmt. An dann ass nach beim Artikel 5 vläicht interessant ze soen, datt d'Gemengebeamten, d'Privatbeamten, d'Aarbechter an och d'Léierpersonal vun där neier Gemeng en charge geholl ginn.

Dat ass dat, Kolleeginnen a Kolleegen, wat ech wollt als Rapporteur viruginn, d'Kommissioun hat net vill Misère mat dësem Projet.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Um Enn wollt ech déi zwou Gemenge félicitéiere fir hir Initiativ, an ech wollt zum Schluss och nach den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schank. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Calmes. Här Calmes!

Discussion générale

M. Emile Calmes *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, innerhalb vun engem hallwe Joer ass et fir d'zweet, datt mer hei iwwer eng Fusioun kënnen diskutéieren. Wéi gesot, dat hate mer scho laang net méi. Iwwer 25 Joer hu mer net iwwer Fusiounen diskutéiert. Ech erlabe mer dann och, dem Rapporteur hei fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport ze félicitéieren.

Dat erlaabt mer natierlech ganz kuerz ze sinn, ouni awer ze vergiessen an hei zum Ausdrock ze bréngen, datt ech mech zesumme mat menger Fraktioun selbstverständlech mat de Buergermeeschteren, de Schäffen an de Conseilleren an der grousser Majoritéit vun deenen zwou Gemenge freeën iwwert dat, wat hei zustane komm ass, iwwert dee Schrëtt, dee si hei geholl hunn, fir zesummenzegoen.

Firwat datt si dat gemaach hunn, dat wëssen si am beschten, an et ass och net un eis hei ze jugéieren, ob dat fir si gutt ass oder net. Wéi gesot, si wëssen dat am beschten, si hunn dat aus fräie Stécker gemaach, a voller Autonomie, a virun allem, esou wéi mäi Virriedner, de Rapporteur, dat hei gesot huet, ass dat gewuess. Dat ass net vun engem Dag op deen anere geschitt.

Wann dann elo zwou Gemengen hei fusionéieren, zwou kleng Gemenge fusionéieren, da géif een u sech erwaarden, datt dobäi e bësse méi eng grouss Gemeng géif entstoen. Dat ass net de Fall. Par contre zu der leschte Kéier, wou zwou kleng Gemenge fusionéiert hunn an eng mëttelgrouss entstanen ass, ass dann dës Kéier awer eng kleng derbäi erauskomm. An d'Zuel vun deene klenge Gemengen, déi déi leschte Kéier vun 30 op 28 zréckgaangen ass, hëlt dës Kéier da just ëm eng of.

Et ass och net d'Schold u sech vun deenen zwou Gemengen, datt hei eng kleng Gemeng, eng Gemeng ënner 1.000 Leit derbäi erauskomm ass. Mir wëssen - an de Rapporteur huet dat gesot -, datt eng drëtt Gemeng, d'Gemeng Eschweiler, sollt matfusionéieren. Déi hu sech dat, wéi et eescht ginn ass, awer aneschters iwwerluecht, an ech hu gelies, datt si den 9. Oktober bei Geleeënheet vun de Gemengewahlen iwwer e Referendum wëllen nach eemol doriwwer befannen. Soll dat da positiv ausgoen, da wäert dann déi definitiv virausgesate Fusioun zustane kommen.

Dat hëlleft hinnen och vläicht, zweemol vun deenen 2.500 Euro pro Kapp ze profitéieren, an da geet d'Rechnung ganz sécher op. Ech weess net wat d'Reglementatioun do am Innenministère ass, mä et ass jo elo esou, datt wann zwou Gemenge fusionéieren, dës Gemengen 2.500 Euro op de Kapp kréien. D'Gemeng Wëlwerwolz an d'Gemeng Kautebaach kréien déi elo. Wa se dann elo nach eemol fusionéieren, da geet d'Diskussioun da vläicht un, ob se déi dann nach eemol kënne kréien. Ech wënschen hinnen op jidde Fall bonne chance do derbäi.

Egal wat hei geschitt, déi Fusioun kënnt net un déi 3.000 Leit erun,